Der Gemeinderat beschließt einstimmig, den von der Katasterverwaltung erstellten Parzellierungsplan zu genehmigen, der die Aufteilung der im Kataster der Gemeinde Kiischpelt in der Sektion WD von Wilwerwiltz unter den Nummern 166/2940 und 166/2514 eingetragenen Parzellen in sechs neue Grundstücke vorsieht.

4.2. Vorkaufsrecht

Der Gemeinderat beschließt einstimmig, auf das Vorkaufsrecht für das Grundstück 141/1459 in Alscheid zu verzichten.

Der Gemeinderat beschließt einstimmig, auf das Vorkaufsrecht für das Grundstück 123/0 in der Sektion WB von Pintsch zu verzichten.

le devis établi par la Station Biologique du Parc Naturel de l'Our concernant les travaux de plantation et d'entretien d'arbres et haies sur le territoire de la commune de Kiischpelt pendant l'année 2026.

2. CONVENTIONS

2.1. Approbation du contrat relatif au transport scolaire

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat pour le transport scolaire sur le territoire de la commune de Kiischpelt pour les années 2025-2026, 2026-2027 et 2027-2028 signé par le collège échevinal et l'entreprise Voyages Schiltz de Büderscheid en date du 3 septembre 2025 suivant l'offre présentée au montant de 211.875,84€ HTVA par année scolaire.

2.2. Approbation d'un contrat de mise à disposition d'emplacements pour l'implantation de bornes de recharge pour voitures électriques

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de mise à disposition d'emplacements pour l'implantation d'infrastructures de charge pour véhicules électriques et hybrides à Kautenbach et à Enscherange signé entre le collège échevinal et l'entreprise LuxRePower SARL.

3. FINANCES COMMUNALES – Approbation du rôle du 2e trimestre 2025

Le conseil communal arrêté rôle du 2e trimestre 2024 au montant total de 174.053,69 Euros.

- Montant du rôle des taxes sur les résidences secondaires : 3.300,00 Euros
- Montant du rôle des taxes sur les chiens: 1.047,97 Euros

4. LOGEMENT

4.1. Morcellement de parcelles à Wilwerwiltz

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet de morcellement dressé par l'Administration du Cadastre et de la Topographie, prévoyant le morcellement des parcelles inscrites au cadastre de la commune de Kiischpelt en section WD de Wilwerwiltz sous les numéros 166/2940 et 166/2514 en six nouveaux lots dont le 6e est le restant de la parcelle n°166/2514 contenant une maison unifamiliale.

4.2. Droit de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de renoncer au droit de préemption pour la parcelle n°141/1459 sise à Alscheid.

Le conseil communal décide à l'unanimité de renoncer au droit de préemption pour la parcelle 123/0 sise en section WB de Pintsch.

5. SUBVENTIONEN

Der Gemeinderat beschließt einstimmig folgenden Zuschuss zu gewähren:

Verschiedene Vereine Associations diverses	2025
Äischer Bueg ASBL	200 €

5. SUBSIDES

Le conseil communal décide à l'unanimité d'accorder à l'association sans but lucratif ayant présenté une demande, le subsidie suivant :

LOGEMENT ABORDABLES

Bezielbare Wunnraum an der Gemeng Kiischpelt

Datt et hei zu Lëtzebuerg eng Wunnengsnout gëtt, an et virun allem u bezuelbarem Wunnraum feelt ass bekannt. Dofir huet schonn de viregte Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt d'Decisioun geholl fir selwer bezuelbar Bauplazen ze schafen an abordabele Wunnraum ze kreéieren.

Esou ass an de leschte Joren zu Pënsch an zu Alschent Bauterrain erschloss ginn, wou d'Bauplaze fir en erschwéngleche Präis verkaaft goufen, dëst awer ënner Konditiounen fir virun allem der Spekulation entgéint ze wierken. Op dësen 2 Plaze sinn am Ganze 25 Wunnunitéiten entstanen wou Léit, dorënner vill Jonker, hiert Doheim fonnt hunn.

Wann mir als Gemeng bis elo éischer Bauterrain erschloss a verkaaft hunn, wollt mir och als Promoteur Public agéieren, a Wunnraum schafen, deem am Besëtz vun der Gemeng bleift a verlount gëtt.

Dofir huet d'Gemeng zu Äischer een Eefamilljenhaus, wat mir ugebuede kruten, esou wéi och den Terrain hannendrun, wou eng Ruin drop stoung, zu dësen Zwecker kauft.

Nodeems den Architekt de Projet ausgeschafft, a vum Gemengerot guttgeheescht gouf, ass dësen ausgeschriwwe ginn, an am September 2023 sinn d'Aarbechte lass gaangen. Iwwerdeems d'Eefamilljenhaus renovéiert ginn ass, ass d'Ruin ofgerappt ginn an et ass en Neibau an der Form vum vireschte Gebai entstanen. Et gouf vill wäert drop geluecht datt de Projet sech an d'Duerfbild integréiert. Esou sinn iwwert déi lescht zwee Joer sinn op dëser Plaz 4 modern Wunnunitéiten realiséiert ginn.

Qu'il existe une pénurie de logements au Luxembourg, et en particulier un manque de logements abordables, est bien connu. C'est pourquoi l'ancien conseil communal de la commune de Kiischpelt avait déjà pris la décision de créer lui-même des terrains constructibles abordables et de développer des logements accessibles.

Ainsi, ces dernières années, des terrains à bâtir ont été aménagés à Pintsch et à Alscheid, où les parcelles ont été vendues à un prix raisonnable, mais sous conditions, afin de contrer la spéculation. Sur ces deux sites, un total de 25 unités de logement ont été créées, où des personnes, dont beaucoup de jeunes, ont trouvé leur foyer.

Jusqu'à présent, la commune s'était surtout concentrée sur l'aménagement et la vente de terrains constructibles, mais elle voulait aussi agir en tant que promoteur public et créer des logements qui restent propriété de la commune et soient proposés en location.

C'est dans ce but que la commune a acheté, à Enscherange, une maison unifamiliale qui lui avait été proposée, ainsi que le terrain à l'arrière, où se trouvait une ruine.

Après l'élaboration du projet par l'architecte et approuvé par le conseil communal, l'appel d'offres a été lancé, et les travaux ont débuté en septembre 2023. Tandis que la maison unifamiliale a été rénoverée, la ruine a été démolie et remplacée par une nouvelle construction reprenant la forme du bâtiment précédent. Une grande importance a été accordée à l'intégration



Duerch d'Renovatioun vum Eefamilljenhaus ass an dësem e Logement mat 5 Schlofkummeren entstanen, wou eng Groussfamill, déi et um Wunnengsmaart schwéier hutt eng adequat Wunneng ze fannen, zukünfteg lieve kann.

Am Neibau befannen sech um Rez-de-chaussé 2 Wunnenge mat jeeweils enger Schlofkummer, fir Koppelen oder Léit déi eleng sinn, an um 1 Stack e Logement mat 3 Schlofkummere fir eng Famill mat Kanner.

Och Energieetesch sinn d'Gebaier um neiste Stand. Nieft z.B: enger LED-Beleuchtung a der Stroumproduktioun duerch eng Photovoltaik-Anlag, ginn d'Logementer duerch Äerd-Wäermt gehëtzt.

De Käschtepunkt fir dëse Projet (Kaf vun Terrainen, Honorairen, Devis Aarbechten) läit bei 2.382.691€, an duerch d'Zesummenaarbecht am Programm "Aide à la Pierre" mam Ministère du Logement gëtt d'Gemeng mat 1.898.677 € vun hirer Säit ënnerstëtzt. Dëst si ronn 75% u Bähëllef, ouni déi eng Investitioun an den abordabele Wunnraum fir d'Gemeng Kiischpelt net méiglech wier.

Wann d' Gemeng als Promoteur Sociale fir d'Baue vum abordabele Wunnraum zoustänneg ass, esou ass et de Bailleur Sociale, deen déi zukünfteg Bewunner vun de Logementer eraus sicht an d'Gerance vun dësen iwwerhëlt.

du projet dans le cadre villageois. Ainsi, au cours des deux dernières années, 4 logements modernes ont été réalisés sur ce site.

Grâce à la rénovation de la maison unifamiliale, un logement de 5 chambres à coucher y a été créé, afin qu'une famille nombreuse, qui rencontre des difficultés à trouver un logement adapté sur le marché, puisse y vivre.

Dans le nouveau bâtiment se trouvent, au rez-de-chaussée, deux appartements d'une chambre chacun, destinés à des couples ou à des personnes seules, et au premier étage, un logement de trois chambres, idéal pour une famille avec enfants.

Sur le plan énergétique également, les bâtiments répondent aux normes les plus récentes. Outre, par exemple, un éclairage LED et la production d'électricité par une installation photovoltaïque, les logements sont chauffés grâce à la géothermie.

Le coût total de ce projet (acquisition des terrains, honoraires, devis et travaux) s'élève à 2.382.691 €. Grâce au programme « Aide à la Pierre » en collaboration avec le ministère du Logement, la commune bénéficie d'un soutien de 1.898.677 €, soit environ 75 % de subventions, sans lesquelles un tel investissement dans le logement abordable n'aurait pas été possible pour la commune de Kiischpelt.



De Bailleur Sociale fir eis Logementer ass de RESONORD, eisen Office Sociale. Duerch hire Projet "Wunne Bleiwen", deen Enn 2020 an d'Liewe geruff gouf, hunn si déi néideg Erfahrung an dësem Beräich an d'Prozedure fir déi nei Bewunner eraus ze siche lafen, an d'Wunnenge wäerten ab dem 1 Januar 2026 bewunnt sinn.

Den 11. September sinn d'Logementer a Presenz vum Logementsminister Claude Meisch, vu Responsabele vum Ministère, der Gemeng an dem RESONORD, esou wéi vu Verrieder vun den Handwierksbetriber déi de Projet realiséiert hunn ageweit. No enger Visitt vun de Raimlechkeeten huet de Buergermeeschter Yves Kaiser d'Invitéeë begréisst an ass a senger Usprooch ënner anerem op d'Wichtigkeet vum schaffe vu bezuelbare Wunnraum agaangen an datt d'Gemeng schonn e weidere Projet am Logement abordabel um ausschaffen ass. Och déi gutt d'Zesummenaarbecht mam RESONORD a mam Ministère du Logement huet hien ervirgehewen iert heen allen Acteure Merci gesot hutt déi beim Ëmsetze vun dësem Projet gehollef hunn.

De Minister Claude Meisch huet der Gemeng felicitéiert a sot datt d'Gemengen, och wann et klenger sinn, e wichtige Partner am schaffe vum abordabele Wunnraum sinn an datt si weiderhin op d'Ënnerstëtzung vum Ministère ziele kënnen.

Mir wënschen deenen neie Locataire, déi dës Logementer an Zukunft bewunne wäerten, datt si sech séier hei bei eis am Kiischpelt Doheem fillen.

Alors que la commune, en tant que promoteur social, est responsable de la construction des logements abordables, c'est le bailleur social qui sélectionne les futurs locataires et assure la gestion des biens. Pour nos logements, le bailleur social est le RESONORD, notre office social. Grâce à leur projet « Wunne Bleiwen », lancé fin 2020, ils disposent de l'expérience et des procédures nécessaires pour la sélection des nouveaux habitants, et les logements seront occupés à partir du 1er janvier 2026.

Le 11 septembre, les logements ont été inaugurés en présence du ministre du Logement Claude Meisch, des responsables du ministère, des représentants de la commune et du RESONORD, ainsi que des entreprises artisanales ayant participé à la réalisation du projet. Après une visite des lieux, le bourgmestre Yves Kaiser a souhaité la bienvenue aux invités et, dans son discours, il a souligné l'importance de la création de logements abordables et mentionné qu'un autre projet dans ce domaine est déjà en préparation. Il a également mis en avant la bonne collaboration avec RESONORD et le ministère du Logement, avant de remercier tous les acteurs qui ont contribué à la mise en œuvre du projet.

Le ministre Claude Meisch a félicité la commune et rappelé que les communes, même petites, sont des partenaires essentiels dans la création de logements abordables et qu'elles peuvent continuer à compter sur le soutien du ministère.

Nous souhaitons aux nouveaux locataires, qui occuperont prochainement ces logements, de se sentir rapidement chez eux dans notre commune.

Mir stelle vir



MARITA EBNER **NEI MATAARBECHTERIN AM SERVICE** **RECETTE AN SERVICE TECHNIQUE**

D'Marita ass den 9. August 1995 zu Waldshut-Tiengen am schéine Südschwarzwald gebuer.

Säin Schoulofschloss huet hatt zu Ettelbréck am Lycée Technique op der Section Technique Générale gemaach. An senger Fräizäit ass hatt gären an der Natur ënnerwee an huet een Hond, leselen a Beien.

Zanter dem 1. Juli 2025 steet hatt am Déngscht vun eiser Gemeng a ënnerstëtzt de Service Recette a Service Technique.

Mir wënschen him vill Spaass bei senger Aufgab an hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht.



JEAN-MARIE MESSERICH **NEIE MATAARBECHTER AM SERVICE** **TECHNIQUE**

De Jean-Marie ass den 20. Februar 1982 zu Sankt Vith op d'Welt komm a wunnt zanter hier zu Oudler.

Am Joer 2000 huet hien seng Léier erfollegräich als Heizungsmonteur ofgeschloss. Hien schafft gären dobaussen an interesséiert sech fir Fussball.

Zanter dem 1. Mee 2025 steet hien am Déngscht vun eiser Gemeng.

Mir wënschen him vill Spaass bei senger Aufgab an hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht.

DRITTES ALTER - TROISIÈME ÂGE

**Zeit für schöne Aktivitäten.
Temps pour des activités agréables.**

Besuch der Kellerei Cep d'Or Hettermillen

Am 3. Juni 2025 besuchte eine Delegation des Dritten Alters der Gemeinde Kiischpelt die Kellerei Cep d'Or. Der Besitzer Jean-Marie Vesque empfing uns überaus freundlich. Zunächst zeigte er uns die Kellerei und weihte uns in die Geheimnisse der Weinherstellung ein. Cep d'Or produziert auf 14 ha ca. 200.000 Flaschen Wein und Crémant im Jahr.



Neun verschiedene Sorten wurden uns bei der anschließenden Weinprobe kredenzt. Jean-Marie Vesque erklärte uns dazu die jeweiligen Eigenarten und Vorzüge. Wir begannen mit einem herrlichen Rosé, kosteten weiter über verschiedene Pinots und einen wundervollen Crémant um dann, beim Dessert, seinen recht speziellen Ottonel zu entdecken.

Dieser Wein wird nur von wenigen Winzern an der Mosel angebaut. Die Stimmung war gut, das Essen in der Kellerei vorzüglich. Gegen 15h nachmittags fuhren wir mit dem von der Gemeinde zu Verfügung gestellten Bus (ein großes Dankeschön an die Gemeindeoberen!) zufrieden und eine Erfahrung reicher wieder zurück in den Kiischpelt.

Visite des caves Cep d'Or

Le 3 juin 2025, une délégation du troisième âge de la commune de Kiischpelt a visité les Caves Cep d'Or. Le propriétaire, Jean-Marie Vesque, nous a accueillis très chaleureusement. Il nous a d'abord fait visiter la cave et nous a initiés aux secrets de la vinification. Le Cep d'Or produit environ 200 000 bouteilles de vin et de crémant par an sur 14 hectares.

Neuf variétés différentes nous ont été proposées lors de la dégustation qui a suivi. Jean-Marie Vesque nous a expliqué les particularités et les avantages de chacune d'entre elles. Nous avons commencé par un délicieux rosé, puis nous avons dégusté différents pinots et un merveilleux crémant avant de découvrir, au moment du dessert, son Ottonel très particulier.

Ce vin n'est cultivé que par quelques vigneron de la Moselle. L'ambiance était bonne, le repas dans la cave excellent. Vers 15 heures, nous sommes retournés au Kiischpelt avec le bus mis à disposition par la commune (un grand merci aux responsables communaux !), satisfaits et enrichis d'une nouvelle expérience.



Ausflug mit der Marie-Astrid

Am 29. Juli fand der fast schon traditionelle Ausflug auf der Mosel statt. Die Marie-Astrid war wieder einmal das auserwählte Schiff, auf dem zwölf „junggebliebene“ Freunde aus dem Kiischpelt einige angenehme und entspannende Stunden verbringen konnten. Das Menü war perfekt, die Stimmung ebenso sonnig wie das Wetter. Das Personal auf der Marie-Astrid tat alles, damit jedermann und jedefrau wunschlos glücklich sein konnte. Dankeschön auch diesmal wieder an die Gemeinde Kiischpelt, die freundlicherweise den Bus gestellt hatte.

Ausflüge mit dem E-Bike

Während den Sommermonaten fanden bislang mehr als ein halbes Dutzend sehr gut besuchte Ausflüge mit dem Fahrrad statt, organisiert von Josée Kaiser. 30 bis 60, 70 Kilometer wurden geradelt, dazwischen aber auch Pause gemacht, um etwas auszuruhen und miteinander in Ruhe plaudern zu können.

Excursion avec le bateau Marie-Astrid

Le 29 juillet a eu lieu la désormais traditionnelle excursion sur la Moselle. La Marie-Astrid a une nouvelle fois été choisie pour accueillir douze amis « restés jeunes » de Kiischpelt, qui ont pu passer quelques heures agréables et relaxantes à bord. Le menu était parfait, l'ambiance aussi ensoleillée que le temps. Le personnel de la Marie-Astrid a tout mis en œuvre pour que chacun et chacune soit comblé. Merci encore une fois à la commune de Kiischpelt qui a mis à disposition le bus.

Excursions en vélo

Pendant les mois d'été, plus d'une demi-douzaine d'excursions à vélo très fréquentées ont été organisées par Josée Kaiser. Les participants ont parcouru entre 30 et 60, voire 70 kilomètres, mais ont également fait des pauses pour se reposer et discuter tranquillement entre eux.



Wer an einer Radtour teilnehmen möchte ist herzlich willkommen. Sie finden den Sommer über – bei schönem Wetter – statt.

Informationen und Anmeldung bei Josée Kaiser
Tel. 661 280 858.

Tout intéressé sera le bienvenu. Les excursions ont lieu pendant les mois d'été et lors du beau temps.

Informations et inscription auprès de
Josée Kaiser Tel. 661 280 858.

Kartennachmittage für das Dritte Alter

Die Kartennachmittage sind jeden zweiten Donnerstag im Monat ab 14.00h im Centre communal Wilwerwiltz vorgesehen. Der nächste wird am 9. Oktober 2025 stattfinden.

Die nächsten geplanten Ausflüge

Besuch des Weihnachtsmarktes auf Schloss Merode bei Düren.

Weitere Informationen
Sepp Pannrucker Tel. 621 130 564
bzw. Mail fransepp@pt.lu

Les après-midis cartes du 3e âge

Les après-midis cartes sont prévus tous les deuxièmes jeudis du mois à partir de 14h00 au Centre communal Wilwerwiltz. Le prochain aura lieu le 9 octobre 2025.

Les prochaines excursions prévues

Visite du Marché de Noël au Château Merode près de Düren.

Plus d'informations:
Sepp Pannrucker Tel. 621 130 564
bzw. Mail fransepp@pt.lu

SECONDHAND-MAART A REPAIR-CAFÉ



Den 20. Juli 2025 huet den 1. Secondhand-Maart hei bei eis am Kiischpelt statt fonnt, op deem d'Klimateam vun der Gemeng agelueden hat, an eng 14 Austeller sech afonnt hate fir hier Saachen un ze bidden.

Mir liewen haut oft an enger Wegwerf-Gesellschaft, wou Saachen ewéi z.B: Kleeder, Spillsaachen, Eess-Servicer, Konschtwierker, Elektrogeräter, a.s.w, déi nach gutt sinn a funktionnéieren, entsuert ginn.

Le 20 juillet 2025 a eu lieu le premier marché de seconde main chez nous au Kiischpelt, organisé par l'équipe climat de la commune. Environ 14 exposants s'étaient réunis pour proposer leurs articles.

Nous vivons aujourd'hui souvent dans une société du jetable, où des objets comme les vêtements, jouets, services de table, œuvres d'art, appareils électroménagers, etc., encore en bon état et fonctionnels, sont jetés.

Hei ka vill Dréck vermidden a Ressourcen an Energie agespuert ginn an deem een dësen engt zweet Liewe gi gött.

Ganz an deem Sënn war dësen Dach zu Wëlwerwolz am Centre Communal gewidmet, an d'Léit hunn hier gebrauchte Saachen hei ugebueden.

Do dernieft huet Mëttes vun 1 Auer un e Repair-Caféstatt fonnt. Hei konnt een ënner anerem Elektresch- Geräter ofginn, déi du vu Reparateuren gekuckt gi si fir eraus ze fanne firwat datt dës net méi funktionéieren an ob een se nach flécke kann.

Wann dëst de Fall war goufen se souguer direkt op der Plaz reparéiert souwäit et méiglech war, oder et krut ee gesot u wat et géif leien a wéi eng Dealer ersat misste ginn.



Geleet gouf de Repair-Café vun engem Matarbechter vun CELL (Citizens for ecological learning & Living), zwee associéierte Reparateuren aus der Regioun an zwee lokale Reparateuren, déi sech hefir gemellt hunn. Och hei gëllt de selwechte Prinzip: besser flécken ewéi ewech geheien.

Den Erléis vun dësem Dag ass un Autisme Luxembourg gaangen.

Och wann den Undrang u Visiteuren sech bei der 1. Editioun a Grenze gehalen huet, wäert och 2026 eng weider Editioun vum Secondhand-Maart mat Repair-Café hei bei eis am Kiischpelt organiséiert ginn.

Pourtant, on pourrait éviter beaucoup de déchets et économiser des ressources et de l'énergie en donnant une seconde vie à ces objets.

C'est dans cet esprit que cette journée s'est tenue à Wilwerwiltz, au Centre Communal, où les gens ont proposé leurs objets d'occasion.

En parallèle, un Repair Café a été organisé à partir de 13h. On pouvait y apporter des appareils électriques, examinés sur place par des réparateurs afin de déterminer pourquoi ils ne fonctionnaient plus et s'ils étaient réparables.

Si c'était le cas, les réparations étaient effectuées directement sur place dans la mesure du possible, ou bien on informait les gens sur l'origine du problème et les pièces à remplacer.



Le Repair Café était animé par un collaborateur de CELL (Citizens for Ecological Learning & Living), deux réparateurs associés de la région, ainsi que deux réparateurs locaux qui s'étaient portés volontaires pour l'occasion. Là aussi, le même principe s'appliquait : mieux vaut réparer que jeter.

Les bénéfices de cette journée ont été reversés à Autisme Luxembourg.

Même si la fréquentation des visiteurs pour cette première édition est restée modeste, une nouvelle édition du Marché de seconde main avec Repair Café sera également organisée en 2026 chez nous au Kiischpelt.

DE KIISCHPELT AM KRICH

Konferenz- De Kiischpelt während der Ardennenoffensiv



Die 2. Weltkrieg, und vor allem die Ardennenoffensive ist bis heute eine wichtige Erinnerung im kollektiven Gedächtnis der Luxemburger. Die Leidensgeschichten der Dorfgemeinschaften und der Familien während dem 2. Weltkrieg sind ein Teil unserer Geschichte und berühren uns immer wieder.

Der Krieg hat auch tiefe Spuren im Kiischpelt hinterlassen. Zeitzeugen gibt es nur noch sehr wenige, so müssen wir uns auf die niedergeschriebenen Erinnerungen von damals stützen.

Der Pfarrer Fritz Rasqué bereiste das Land nach der Ardennenoffensive und befragte die Betroffenen und schrieb vieles davon nieder in seinem Buch „Das Ösling im Krieg“. Professor Josef Maertz, trägt in seinem Buch „Luxemburg in der Ardennenoffensive“ weiteres dazu bei. Unzählige Bücher, Berichte, Erzählungen, Aussstellungen und Filme zu dieser Zeit lassen die Geschichte wieder lebendig werden.

Für die Dörfer Lellingen, Holzthum und Consthum hat der Lehrer Charel Schmit in seinem Buch „Geflohen ist die Erinnerung“ viele Geschichten niedergeschrieben.

Seine Erinnerungen als Kind im Krieg und viele weitere Berichte der Kiischpelter sind so für uns erhalten geblieben. Ein markantes Text - Beispiel:

Angriff auf eine Lokomotive

Am Donnerstag, den 13. April 1944, kurz nach 14 Uhr, wurde ein im Wilwerwiltzer Bahnhof haltender Güterzug aus der Luft angegriffen. Der diensttuende Beamte Neckel Bissen, war zum Maschinisten gegangen, um ihm weitere Anweisungen zu geben, als drei Jagdflugzeuge im Tiefflug von der „Mugderbaach“ her ihre Bordwaffen gegen die Lokomotive einsetzten. Neckel wurde vom Luftdruck an die Palisade geworfen.

Als er seine Eisenbahnermütze aufhob, sah er, dass eine Kugel sie durchschlagen hatte. Der von einigen Kugeln getroffene Lokführer, Herr Nikolas Harsch aus Ulflingen, war zusammengebrochen; der Heizer Herr Kreuz war verletzt. Die Telefonleitungen lagen am Boden, woher sollte man rasche Hilfe holen?



Der Schwerverletzte wurde mit einem Bahnhofswägelchen in den Wartesaal geschafft, wo er alsbald verschied. Kaplan Charles Stoos aus Enscheringen spendete die letzte Ölung. Wir Kinder begaben uns an dem Nachmittag zum Kommuniounsunterricht nach Pintsch.

Unsere Kameraden Metti, Georges und Nick hatten von den „Leeen“ aus die zerschossene Lokomotive gesehen, die aus unzähligen Löchern dampfte und Wasser verlor. Es war für uns die erste Begegnung mit der Brutalität des Krieges. Angst überschattete die Erstkommunionfeier vom 16. April 1944.

Die Ausstellung und Lesung in Lellingen sollten nicht nur Geschichte über Sinn und Unsinn des Krieges dokumentieren, sondern auch Menschliches, das uns berührt, für uns aufzeigen und sichtbar machen.



KIISCHPELT DOES DIGITAL

Déi nei E-Reider an der Gemeng Kiischpelt

Les nouveaux « E-Reider » dans la commune de Kiischpelt



De Reider ass déi Plaz, wou offiziell Matdeelunge vun der Gemeng, Ministèren, staatlechen Administratiounen an aner wichteg Informatiounen ausgehaange ginn. Dofir steet an all Duerf esou e Reider, fir datt d'Matbieger dës Informatiounen kënne kucke goen.

Fir mat der Zäit ze goen, an Zäit a Ressourcen ze spueren, huet d'Gemeng Kiischpelt beschloss, déi al Reider, wou alles a Form vu Pabeier opgehaange gouf, duerch modern E-Reider ze ersetzen. Nieft dem Aushang vun offiziellen Dokumenter, esou wéi virdrun, kann een hei och den Internetsite vun der Gemeng besichen, an op dësem weider nëtzlech Informatiounen fannen. Well am Tourismus hautdesdaags déi meescht Informatiounen och digital sinn, kann een iwwert den E-Reider och déi touristesch Internetsite besichen an esou déi néideg Informatiounen zu Evenementer fënnt een op dësem Apparat.

D'Notzung vum E-Reider ass ganz einfach. Mam Finger op de Bildschirm tippen an duerch den Touchscreen kann een den Apparat, esou wéi bei ärem Handy mam Finger steieren.

Bis elo ass jeeeweils een E-Reider zu Wëlwerwolz an zu Kautebaach installéiert, an an de nächste Méint wäerten dës och an all den aneren Dierfer opgestallt ginn.

Le « Reider » est l'endroit où sont publiées officiellement les communications de la commune, des ministères, des administrations de l'État ainsi que d'autres informations importantes. C'est pourquoi chaque village dispose d'un tel « Reider », afin que les habitants puissent consulter ces informations.

Pour s'adapter à la vie moderne et économiser du temps et des ressources, la commune de Kiischpelt a décidé de remplacer les anciens « Reider », où tout était affiché sous forme papier, par des « E-Reider » modernes. Outre l'affichage des documents officiels, comme auparavant, on peut également y consulter le site internet de la commune et y trouver d'autres informations utiles. Comme la plupart des informations touristiques sont aujourd'hui disponibles en format numérique, les « E-Reider » permettent aussi d'accéder aux sites internet touristiques et d'obtenir ainsi les renseignements nécessaires. Des informations sur les événements y sont également disponibles.

L'utilisation de l'« E-Reider » est très simple : il suffit de toucher l'écran avec le doigt, et grâce à la fonction tactile, l'appareil se commande de la même manière que votre smartphone.

Jusqu'à présent, un « E-Reider » a été installé à Wilwerwiltz et à Kautenbach, et dans les prochains mois à venir, ils seront également mis en place dans tous les autres villages.

EN NEIEN TRAFFO ZU WËLWERWOLZ

Un nouveau transformateur à Wilwerwiltz

Freides, den 29. August koum et zu Wëlwerwolz ronderëm d'Gemeng an de Centre Communal zu méi spektakulären Aarbechten. Am Kader vum der Erneuerung vun de Stroossen "Am Grëndchen, Pëntscherbiërg a Cité Pënscherbiërg" huet d'Creos beschloss och den alen Transformator, deen op engem Masten am "Pënscherbiërg" steet ewech ze huelen, an duerch en neien ze ersetzen.

Le vendredi 29 août, des travaux spectaculaires ont eu lieu à Wilwerwiltz autour de la commune et du centre communal. Dans le cadre de la rénovation des rues « Am Grëndchen, Pëntscherbiërg et Cité Pënscherbiërg », Creos a décidé de démonter l'ancien transformateur installé sur un poteau au « Pënscherbiërg » et de le remplacer par un nouveau.



Well op der Platz vum Masten an och soss net wierklech eng Plaz war fir den neien Traffo ze setzen, gouf beschloss fir en op de Parking hannert de Centre ze placéieren.

Datt den Traffo hei gutt géif stoe war kloer, mee wéi een en dohinner kritt dat war eng aner Fro.

Well d'Zoufaart fir op de Parking erop vun der Kräizung op der Barrière aus ze géi ass, konnt weder den Tieflader mam neien Traffo, nach de Kran hei erop fueren.

Comme il n'y avait pas vraiment de place à l'emplacement du poteau ni ailleurs pour installer le nouveau transformateur, il fut décidé de le placer sur le parking derrière le centre communal. Que le transformateur puisse y être installé ne faisait aucun doute, mais la question était de savoir comment l'y amener.

Comme l'accès au parking depuis le carrefour de la barrière est trop raide, ni le camion transportant le transformateur, ni la grue ne pouvaient y monter.

Nodeems d'Creos mat der Kranfirma op der Plaz war gouf decidéiert fir mam Traffo a mam Kran rechts nieft der Gemeng déi enk Afaart erop ze fueren an esou den Traffo op säi finale Standuert ze setzen.

Freides Moies um 8 Auer gong et du lass. Als éischt ass de Camion, deen den Traffo vun der Strooss hannert d'Gemeng sollt féieren an Afaart manövréiert ginn. Duerch d'Längt vum Camion war dëst schon net esou evident. Dunn huet de Kran sech an der Strooss placéiert an den Tieflader vun der Speditioun déi den Traffo geliwwert huet koum bei de Kran bäi gefuer.



Den Traffo gouf op de Camion gehuewen deen an der Afaart stoung. Duerch d'Breet vum Camion an dem Traffo ware just e puer Zentimeter Plaz tëscht dem Gebai vun der Gemeng an dem Gaardenhaische vum Noper. De Chauffeur vum Camion huet all säi kënnen ënner Beweis gestallt, an no e puer mol rangéieren huet en et gepackt a war mat sengem Gefier hannert dem Centre. Fir datt dëse konnt ofgeluede ginn huet och missen de Kran, deen ëmmerhin 4 Achsen hat, och de schmuele Wee laascht de Centre fueren. Och dëst war erëm eng Saach vun e puer Zentimeter, mee schlussendlech war och dëst grousst Gefier op senger Plaz an den Traffo konnt no ronndréi an enger hallwer Stonn an ouni Schued un de Gebaier op seng final Plaz gehuewe ginn, fir an Zukunft Stroum fir en Deel vu Wëlwerwolz ze liwweren.

Après une visite sur place avec l'entreprise de levage, la décision fut prise de faire monter le transformateur et la grue par l'étroite entrée située à droite de la commune, afin de pouvoir placer le transformateur à son emplacement définitif.

Le vendredi matin à 8 heures, les opérations ont commencé. Tout d'abord, le camion qui devait amener le transformateur depuis le chemin derrière la commune fut manœuvré dans l'entrée. En raison de sa longueur, cela n'était déjà pas évident. Ensuite, la grue se plaça dans la rue et le porte-char de la société de transport, qui avait livré le transformateur, rejoignit la grue. Le transformateur fut chargé sur le camion qui se trouvait dans l'entrée.



Compte tenu de la largeur du camion et du transformateur, il ne restait que quelques centimètres entre le bâtiment de la commune et l'abri de jardin du voisin. Le chauffeur du camion fit preuve de tout son savoir-faire et, après plusieurs manœuvres, réussit à passer et se retrouva derrière le centre. Pour pouvoir décharger, la grue – qui avait tout de même quatre essieux – dut, elle aussi, emprunter le chemin étroit longeant le centre. Là encore, il ne restait que quelques centimètres de chaque côté, mais finalement, ce grand engin prit place et le transformateur put être installé à son emplacement final en une trentaine de minutes, sans causer de dégâts aux bâtiments, afin d'assurer à l'avenir l'alimentation en électricité d'une partie de Wilwerwiltz.

DE WANTER STEET VIRUN DER DIER

De Wanterdéngscht an der Gemeng Le service hivernal dans la commune

De Wanter steet virun der Dier, an domadder och de Risiko vu glaten, an eventuell verschneite Stroossen. Fir datt dir trotzdem sécher fuere kënnt suert den Techneschen Déngscht vun eiser Gemeng derfir, datt Stroosse gestreet a geraumt sinn. Dëst ass awer nëmmen duerch eng gutt Planung vun eise Mataarbechter méiglech. Jee no Wiederbedéngungen decidéieren si wéini gefuer a wéivill Salz gestreet muss ginn. Awer och op de Schoulbus fiert oder den Dréckscamion kënnt spillt eng Roll beim plange vum Tour.

Fir datt d'Trakteren an d'Camione vum Wanterdéngscht vun der Gemeng a PCH gutt duerch kommen ass et wichteg, datt d'Autoen an de Stroossen esou do stinn datt déi grouss Gefierer gutt passéiere kënne. Dëst virun allem wann si mam Schnéiplou fueren, well besonnesch Nuets a bei Niwwel oder Schnéis-chauerer d'Siicht staark begrenzt ass.

Och als Bierger huet jiddereen eng Verantwortung am Wanter ze droen. Hei ass ee verpflichtet den Trottoir viru sengem Grondstéck fräi vu Schnéi an Äis ze halen. De Schnéi aus den Afaarte soll net op den Trottoir oder an d'Strooss geschéppt ginn a wann et fréiert soll ee kee Waasser op dës schëdden.

Well eis Mataarbechter net gläichzäiteg all Stroosse matenee botze kënne biede mer eech em äert Versteesdemech, wann et mol zu Verspéidunge kënnt. Dëst ka besonnesch de Fall bei Schnéi oder Glätz sinn, well mir do prioritär déi haapt Verkéiersachse fräihalen an duerno déi méi kleng Stroosse botzen.

Mir setzen alles dru fir datt och am Wanter jidderee sécher duerch de Verkéier kënnt.



L'hiver approche, et avec lui le risque de routes glissantes ou enneigées. Afin que vous puissiez circuler en toute sécurité, le service technique de notre commune veille à ce que les routes soient salées et dégagées.

Cela n'est toutefois possible qu'au moyen d'une bonne planification de la part de nos collaborateurs. Selon les conditions météorologiques, ils décident sur quelles routes et en quelle quantité le sel doit être répandu. Mais il faut également tenir compte du passage des bus scolaires ou du camion-poubelle lors de l'organisation des tournées.

Pour que les tracteurs et camions du service hivernal de la commune et du PCH puissent circuler correctement, il est important que les voitures stationnent dans les rues de manière à permettre le passage des grands véhicules.

Cela est particulièrement essentiel lorsqu'ils roulent avec la lame de déneigement, car la visibilité est fortement réduite, surtout la nuit, par temps de brouillard ou de chutes de neige. En tant que citoyens, chacun a aussi une responsabilité en hiver.

Il est obligatoire de maintenir le trottoir devant sa propriété libre de neige et de glace. La neige provenant des entrées ne doit pas être déposée sur le trottoir ni sur la chaussée, et en cas de gel, il ne faut pas y verser d'eau.

Comme nos collaborateurs ne peuvent pas nettoyer toutes les rues en même temps, nous vous prions de bien vouloir faire preuve de compréhension en cas de retard. Cela peut notamment se produire en cas de neige ou de verglas, car nous devons en priorité dégager les principaux axes de circulation, puis ensuite les rues secondaires.

Nous mettons tout en œuvre afin que chacun puisse circuler en toute sécurité, même en hiver.



MUSIKAUZ

Eng onvergïesslech Musical-Erfahrung
Une expérience musicale inoubliable



Um Enn vum Schouljoer 2024/2025 huet de "Musikauz" e ganzt besonneschen Highlight op d'Bün bruecht, de Musical: "Der kleine Tag".

Véier Méint laang hunn d'Kanner mat vill Engagement, Freed a Courage geprouft – a sinn dobäi iwwer sech erausgewuess.

Si hunn net nëmme vill Neies geléiert, mee hunn och richteg vill Spaass gehat. All Kand konnt senge Léifste weisen, wat an him stécht.

Als Team hunn si et fäerdeg bruecht, e fantastesche Musical op d'Been ze stellen, de jidderengem laang an Erënnerung bleiwe wäert.

Fir eis als Responsabele a fir all déi Léit déi gehollef hunn, war et en immens emotionaalt Erlefnis.

Et war eng wonnerschéin Erfahrung fir all Kand an och fir dat ganz Schoulkauz-Team. Merci fir Alles u jiddereen deen dëst Méiglech gemaach huet.

À la fin de l'année scolaire 2024/2025, le "Musikauz" a présenté sur scène un moment fort très particulier: le musical "Der kleine Tag".

Pendant quatre mois, les enfants ont répété avec beaucoup d'engagement, de joie et de courage, et ils ont, ce faisant, dépassé leurs propres limites.

Ils n'ont pas seulement beaucoup appris de choses nouvelles, mais ils se sont également énormément amusés. Chaque enfant a pu montrer à ses proches ce qui sommeille en lui.

En équipe, ils ont réussi à mettre en place un musical fantastique, qui restera longtemps gravée dans les mémoires. Pour nous, les responsables, ainsi que pour toutes les personnes qui ont aidé, ce fut une expérience extrêmement émouvante.

Ce fut une merveilleuse aventure pour chaque enfant ainsi que pour toute l'équipe du Schoulkauz. Un grand merci à toutes celles et ceux qui l'ont rendu possible.

SCHOULKAUZ

Dat neit Schouljoer 2025/26
La nouvelle année scolaire 2025/26



Méindes de 15 September 2025 huet, no bal 9 Woche Grouss Vakanz, zu Wëlwerwolz an der Grondschoul dat neit Schouljoer 25/26 ugefaangen a fir 240 Kanner aus den 11 Dierfer vum Anzuchsgebitt vum Schoulkauz hutt et erëm "Back to Scool" geheescht.

Wann der vill vun hinne schonn déi lescht Joren hei bei eis d'Schoulbänk gedréckt hunn, sou ass et fir eng Partie Kanner awer och déi éischt Rentrée, sief et am Precoce oder am Cycle1, der fréierer Spillschoul. 14 Kanner besichen eise Precoce, an am Cycle1 sinn et 67 Kanner, wouduerch dësen a 5 Klassen opgedeelt gouf.

Am Cycle 2 -4 sinn et am Ganzen 159 Kanner déi d'Schoulbänk drécken. Opgedeelt sinn dës a 4 Klasse pro Cycle. (C2-54 Kanner; C3-59 Kanner; C4-46 Kanner)

Le lundi 15 septembre 2025, après près de 9 semaines de grandes vacances, la nouvelle année scolaire 2025/26 a commencé à l'école fondamentale de Wilwerwiltz, et pour 240 enfants issus des 11 villages du Schoulkauz, c'était de nouveau le moment du "Back to School".

Si beaucoup d'entre eux avaient déjà fréquenté l'école les dernières années, pour certains enfants il s'agissait cependant de leur toute première rentrée, que ce soit au précoce ou au cycle 1, l'ancienne école maternelle. 14 enfants fréquentent notre précoce, et au cycle 1 ils sont à 67, répartis dans 5 classes.

Aux cycles 2 à 4, ce sont au total 159 enfants qui occupent les bancs de l'école. Ceux-ci sont répartis en 4 classes par cycle : (C2 – 54 élèves ; C3 – 59 élèves ; C4 – 46 élèves).

Ënnerriicht gi si vun 30 Jofferen a Schoulmeechtere. Do dernieft intervenéieren een IEBS (spezialisierte Lehrer für Schüler mit besonderem Förderbedarf), een A-EBS (Assistenten für Schüler mit besonderem Förderbedarf), zwee Intervenants ESEB (Unterstützungsteam für Schüler mit besonderem Förderbedarf), zwou Educatricen am Precoce an eng Persoun fir den Accueil.

Nieft der Schoul spillt och déi ausserschoulesch Betreierung an der Maison Relais eng wichteg Roll. Dës funktionéiert net nëmme während der Schoulzäit, mee och während de Vakanze kënnen d'Kanner hei vu Moies 6:30 bis Oves 19 Auer betreit ginn. Si maache just während der Grousser- an der Chrëschtvakanz jeeweils fir 2 Wochen hier Dieren zou. Hei ginn si net nëmme betreit, mee kënnen och un enger ganzer Rei vun Aktivitéiten deelhuele.

Um Schoulufank waren 213 Kanner an der Maison Relais ageschriwwen, an um haapt Dag sinn et der 190 déi de Service vun der Maison Relais an Usproch huele.

Fir eng Beschtt méiglech Betreierung vun de Kanner ze maache schaffen an der Maison Relais vum Schoulkautz 33 Léit. Dorënner sinn nieft den Educateuren an Educatricen, dräi Léit an der Direktioun, zwee Référents pédagogiques et Inclusion, zwee Coordinateur sportif, dräi Botzfraen, a sechs Léit an der Kichen, déi fir dat Leiflecht Wuel vun de Kanner suergen.

Fir den Ënnerhalt vum Site an de Gebaier vum Schoulkautz schaffen zwou Persounen am Service Technique, déi derfir suergen datt alles an der Rei ass.

Mir wënschen de Schülerinnen a Schüler esou wéi dem ganze Personal aus der Schoul a Maison Relais engt schéint an erfollegräicht Schouljoer 2025/26.

L'enseignement est assuré par 30 institutrices et instituteurs. En outre interviennent un IEBS (enseignant spécialisé pour élèves à besoins spécifiques), un A-EBS (assistant pour élèves à besoins spécifiques), deux intervenants ESEB (équipe de soutien pour élèves à besoins spécifiques), deux éducatrices au précoce et une personne pour l'accueil.

À côté de l'école, l'accueil à la Maison Relais joue également un rôle important. Ce service ne fonctionne pas seulement pendant le temps scolaire, mais aussi pendant les vacances, les enfants peuvent y être accueillis de 6h30 à 19h00. La Maison Relais ne ferme que 2 semaines pendant les vacances d'été et 2 semaines à Noël. Les enfants n'y sont pas seulement encadrés, mais peuvent également participer à toute une série d'activités.

Au début de l'année scolaire, 213 enfants étaient inscrits à la Maison Relais, et en moyenne 190 utilisent quotidiennement ce service.

Pour offrir le meilleur encadrement possible, 33 personnes travaillent à la Maison Relais du Schoulkautz. Parmi elles : des éducateurs et éducatrices, trois personnes à la direction, deux référents pédagogiques et inclusion, deux coordinateurs sportifs, trois agents d'entretien, ainsi que six personnes en cuisine qui veillent au bien-être culinaire des enfants.

Pour l'entretien du site et des bâtiments du Schoulkautz, deux personnes travaillent au service technique, afin de garantir que tout soit en ordre.

Nous souhaitons aux élèves ainsi qu'à l'ensemble du personnel de l'école et de la Maison Relais une belle et fructueuse année scolaire 2025/26.



SCHOULKAUZ GOES CIRCUS LOLLIPOP

Manege frei: "Schoulkauz goes Circus Lollipop"

La magie du cirque au Kiischpelt : « Schoulkauz goes Circus Lollipop »



Anfang Juli 2025 erlebten die Schülerinnen und Schüler der Grundschule Schoulkauz ein ganz besonderes Abenteuer. Gemeinsam mit der Artistentruppe des Zirkus Lollipop tauchten sie in die bunte Welt der Manege ein. Unterstützt wurde das Projekt vom Schoulsyndikat Schoulkauz und der Gemeinde Kiischpelt, die durch ihre Mitfinanzierung dieses außergewöhnliche Erlebnis möglich machten.

Eine Woche voller Training und Staunen

Unter Anleitung von fünf professionellen Artisten probten die Kinder im Alter von drei bis zwölf Jahren verschiedenste Zirkusnummern. Von Jonglage über Trampolinsprünge und Akrobatik bis hin zu Clownerie, Trapezkunst und Feuerelementen – jedes Kind fand seine Rolle. Besonders die jüngsten Schüler begeisterten mit einem farbenfrohen Tuchtanz, der das Publikum zum Staunen brachte.

Début juillet 2025, les élèves de l'école fondamentale Schoulkauz ont vécu une expérience inoubliable. Grâce à l'équipe du cirque Lollipop, ils se sont plongés dans l'univers fascinant de la piste. Ce projet a été rendu possible grâce au soutien et au cofinancement du Syndicat scolaire Schoulkauz et de la commune de Kiischpelt.

Une semaine d'apprentissage et d'émerveillement

Encadrés par cinq artistes professionnels, les enfants âgés de trois à douze ans se sont initiés à diverses disciplines circassiennes : jonglerie, trampoline, acrobaties, clowneries, trapèze et même premiers pas dans l'art du feu. Les plus jeunes élèves ont particulièrement touché le public avec une danse de foulards colorés, saluée par de chaleureux applaudissements.

Mehr als nur Zirkuskunst

Die Projektwoche vermittelte nicht nur künstlerische Fähigkeiten, sondern auch wichtige Werte. „Im Zirkus zählt jede Hand, jedes Lächeln, jede Unterstützung. Nur gemeinsam gelingt eine Show“, betonten die Trainer. So lernten die Kinder auf spielerische Weise Teamgeist, Respekt und gegenseitige Unterstützung – Qualitäten, die weit über die Manege hinausreichen.



Der große Moment im Zirkuszelt

Am Freitagabend, Samstagmorgen und Samstagnachmittag war es endlich soweit: Im großen Zirkuszelt des Zirkus Lollipop präsentierten die Kinder ihre erlernten Kunststücke einem begeisterten Publikum. Eltern, Geschwister, Familie und Freunde füllten das Zelt und sorgten mit ihrem Applaus für Gänsehaut-Momente. Die strahlenden Gesichter der Kinder und die stolzen Blicke der Eltern machten deutlich: Diese Aufführung war ein voller Erfolg.

Ein Gewinn für die ganze Gemeinde

Die Schulleitung der Grundschule Schoukkauz zeigte sich ebenso erfreut wie Bürgermeister und Vertreter des Schoulsyndikats: „Dieses Projekt hat die Kinder nicht nur in Bewegung gebracht, sondern ihnen auch Mut, Selbstvertrauen und das Gefühl der Gemeinschaft vermittelt.“

Bien plus que de simples numéros

Au-delà des prouesses techniques, le projet a mis l'accent sur des valeurs essentielles. « Au cirque, chacun compte. C'est ensemble que l'on construit un spectacle », expliquaient les artistes. Les enfants ont ainsi découvert de manière ludique l'importance de l'esprit d'équipe, du respect et de l'entraide – des qualités qui les accompagneront bien au-delà de la piste.

Un grand soir sous le chapiteau

Le moment fort de la semaine fut sans doute la représentation du vendredi soir, samedi matin et après-midi donnée sous le grand chapiteau du cirque Lollipop. Parents, frères, sœurs et amis ont rempli les gradins et ont offert aux jeunes artistes une ovation qui restera gravée dans les mémoires. Les sourires des enfants et la fierté dans les yeux des parents parlaient d'eux-mêmes : le succès fut total.



Un projet au bénéfice de toute la commune

Le comité de l'école Schoukkauz, tout comme le bourgmestre et représentant du Syndicat scolaire, ont souligné l'importance de cette initiative : « Ce projet a permis aux enfants de bouger, de s'exprimer, de gagner en confiance et de ressentir la force de la communauté. »



FLÉIZEN - D'WAASER KÉIEREN ...“


Wiesen wässern im Kiischpelt

Angesichts der meist grünen Wiesen und dem Regen, bei dem wir meistens das Gefühl haben, dass wir davon (immer wieder mehr als) genug haben, ist es auf den ersten Blick seltsam, dass man bei uns „d'Waasser op d'Wisen gekéiert huet“.

Bei uns im Éislek ist aber genau das gemacht worden - und zwar überall, an den Flüssen genauso wie an den kleinen Bächen. Wenn man genau hinsieht, sieht man das heute noch in unserer Landschaft. Mittlerweile haben wir eine Unmenge an Dokumenten in den Archiven gefunden, die belegen, dass das auch tatsächlich Fléizanlagen waren. Der Kiischpelt ist dafür ein typisches Beispiel. Ich beschreibe das hier nur für die Dörfer Enscherange, Wilwerwiltz, Lellingen und Pintsch.

Los geht es an der Klierf in Enscherange. Die Gerberei und die Lohmühle kennt jeder. Genau dort wurde aber auch gefléizt. Wenn man sich den Mühlengraben an der Lohmühle selbst ansieht, sieht man, dass dort das Wasser im rechten Winkel auf das Mühlrad geleitet wurde. Geradeaus ging aber ein Graben weiter, den Ansatz sieht man heute noch. Der größte Teil ist aber unter dem Fußballplatz und der

Turnhalle verschwunden. Im Plan von 1828 ist dieser Graben als „Canal d'Irrigation“ eindeutig beschriftet.



Von da ab geht es weiter flussabwärts, einmal rechts, einmal links der Klierf. Gegenüber der Schule, dort, wo sich die Klierf von der Eisenbahn löst, und auf die andere Talseite hinüberwechselt, befand sich die nächste Anlage, mit der die Wiesen rechts der Klierf im „Band“ gefléizt werden konnten. Wenn man sich das Ort ansieht, sind die Reste der Schleuse noch zu erkennen. Die Anlage ist in den Eisenbahnplänen aus den 1860er Jahren eingetragen.



cratées de Luxembourg (ANLus), ICO-3-1-02139
 ch - voie sur la vallée de la Pirtsch - Auteur : Emly Schmit ; Période de création : Non indiquée



1923/24 wurde hier eine entsprechende Genossenschaft gegründet, die Pläne befinden sich im ASTA-Archiv in Diekirch.

Für die nächsten drei Anlagen gibt es einen Plan von 1878, in dem es um die Genehmigung von zwei Anlagen für die Wiesen von Freres, dem Besitzer der Gerberei in Enscherange. Dort, wo heute die Baustoffhandlung ist, befand sich damals eine Gerberei, die über einen Graben mit Wasser versorgt wurde. Das Wehr befand sich genau am oberen Ende des heutigen Lagers. Vom Ableiter zweigte nach links ein Graben ab, mit dem die Wiese, die heute zum Camping gehört, gewässert werden konnte.

Die nächste Schleuse befand sich kurz unterhalb der Eisenbahnbrücke hinter der früheren Autowerkstatt. Lange Jahre waren die Reste des Holzrahmens noch zu sehen. Von dort aus wurden die Wiesen im „Wénkel“, rechts der Klierf, gewässert. Auch diese Anlage ist in den Eisenbahnplänen sowie mit ASTA-Plänen von 1923 und Dokumenten im Nationalarchiv als Genossenschaft belegt.

Besonders interessant ist aber die nächste Anlage zwischen der Kläranlage und der Willibrord-Kapelle. Die Reste des Wehres sind auch heute noch gut sichtbar. Diese erste, relativ kleine und private Anlage, zunächst wurde wahrscheinlich ebenfalls von Freres um 1880 gebaut. 1923 wurde dann eine Genossenschaft gegründet und die Anlage vergrößert. Es gab einen relativ kurzen Graben rechts der Klierf, den man heute von der Kapelle aus noch an der Vegetation erkennen kann. Auf der linken Flussseite zweigte aber nun ein langer Graben ab, von dem aus die große Wiesenfläche im „Heeschtert“ gefléizt werden konnten. Die Schleuse wurde 1938 noch einmal repariert.

Zur nächsten Anlage, im „Wanaal“ rechts der Klierf gibt es keine Dokumente. Hier gibt es nur ein historisches Foto. Allerdings sind die steinernen Widerlager heute noch sichtbar.

Vom nächsten Wehr aus wurde dann die Lellinger Mühle mit Wasser versorgt. So würde es jetzt weitergehen, wenn man der Klierf weiter abwärts bis Kautenbach folgt – eine Anlage nach der anderen. Flussaufwärts ergibt sich genau das Gleiche. Und im ganzen Éislek – das gleiche Bild.

Gefléizt wurde aber auch an den Seitenbächen. Im Nationalarchiv sind Anlagen am Pentscher- und am Lellgerbaach dokumentiert. Daneben hat Jos Bock mir vor langer Zeit erzählt, dass an der Moudersbaach und im „Honswénkel“ gefléizt wurde.

Im „Honswénkel“ kann die Gräben heute noch im Digitalen Héischtemodell von 2024 erkennen (geoportal.lu, unter Uewerflächenduerstellung, LIDAR). Dort gab es wohl auch einen Weiher als Reservoir, weil der kleine Bach nicht genug und wohl auch nicht immer Wasser führte.

Alwin Geimer, Aarbechtsgrupp Fléizen
 Für Rückfragen stehe ich gerne zur Verfügung. Ich würde mich auch freuen, wenn weitere Dokumente, vielleicht sogar Fotos und das ein oder andere Werkzeug, z. B. ein Wiesenbeil, auftauchen würden.

Titelbild: Die Schleuse für die Wiesen im Wénkel.
 Foto Marcel Probst

BÄCKEREI ZEIMES

Déi kleng Geschicht vun der Bäckerei Zeimes vu Wëlwerwolz.

D'Famill ZEIMES hott d'Bäckerei vom Johann-Peter PIERES – PETERS iwverholl. Wéini dass dat de Fall war, ass net genau bekannt. Jiddefalls ass zu Wëlwerwolz um 4. November 1929 vom Notär DE MUYSER eng Héicht ofgehalen ginn, wou eng Bäckerei versteet gouf, allerdéngs net op der aktueller Plaz. Dat erginn déi Kadasternummere, déi annoncéiert waren.



De Johann-Peter PIERES staamt von Donen a war schon 1894 bei der Gebuert vo senger eelsten Duechter e Bäckermeeschter zu Wëlwerwolz. Bestot war hie mat der Regina PETERS vo Munzen an d'Koppel hat insgesamt 4 Kanner, dräi Meedercher an e Jong, deen awer mat nëmmen 2 Méint gestuerwen ass. De Johann-Peter PIERES ass 1928 oder 1929 gestuerwen, well et war seng Wittfra mat de Kanner, déi d'Héicht ofhale gelooss honn.

Op dëser Foto ass d'Haus "A Mahnen" wat laang Epicerie a Café wor. Ganz lénks nieft der aler Kierch missten dann déi Gebailechkeete senn an deenen d'Bäckerei Pieres wor.



An drënner stinn de Nic. an de Jos ZEIMES 1930 op der Trap von hirem deemolege Geschäft.



Vläicht hott den Nic. ZEIMES, dee vo Schëmpech kouw, hei seng Léier gemaach oder hei geschafft.

Am Handelsregëster vom 13. August 1932 ass dann och eng Bäckerei ZEIMES zu Wëlwerwolz agedroen, déi et do schon zanter 1930 gëtt a vom Nic a Jos gefouert gëtt. Dat selwecht Joer kafen d'Gebrüder Nic. an Jos ZEIMES bei der Wittfra RASQUIN, Besëtzerin vom Schlass, d'Haus LAMBY. Dëst ass agedroen am Kadaster mat der Nr. 322 an hott der fréierer Gierwerfamill vom Alexandre LAMBY (IN) gehéiert, deen och zu Wëlwerwolz Schaffen a Buergermeeschter war.

Den Alexandre LAMBY (IN), gebuer den 20.07.1858, dee vo Waimes aus der Belscht kouw, hat d'Gierwerei vom Félix THILGES opkooft, deen 1875 gestuerwe war. Bestot war hien zu Wëlwerwolz mat der Marie-Louise AUER an d'Koppel hat 2 Kanner. Dat waren d'Maria Christina Laura LAMBY an de Gustave LAMBY. D'Gierwerei, déi 1914 mat der Produktioun opgeholl hott, war do wou haut de Betrib mat de Baumaterialien HOFFMANN-NEU ass.

1933 gouf dunn dat éischt Brout am Haus LAMBY gebak, ma kuerz drop honn déi zwee Bridder sech getrennt an de Jos ZEIMES goug op Hengescht. Do hott hien zesome mat senger Fra Mathilde a sengem Meedchen Nelly zeitweilig eng Bäckerei gefouert. An den Archive fanne mer an der Sessioun von der Meeschterprüfung von 1933 e Joseph ZEIMES, dee seng Prüfung als Bäcker a Pâtissier bestannen hott.

Den Nic. ZEIMES, gebuer den 21.06.1905, war dat 6. Kand von der Koppel Peter ZEIMES an Anna STEFFEN. De Papp war Cantonnier an d'Mamm Hiewan zu Schëmpech. De Joseph ZEIMES, gebuer de 26.03.1908, war dat 8. Kand von am ganzen 9 Kanner.

De 15.05.1926 gouf de Nic. ZEIMES mat der Marie BOONEN von Masseik (Maeseyck) aus der belscher Provënz Limburg bestot. Sie haten 2 Kanner, den Armand „Bubes“ an de Pierre.

Si sënn allebéid zu Wëlwerwolz gestuerwen an zu Pënsch begrowen.

De Bäcker ZEIMES ass och ëmmer mam Brout op den Tour gefuer an hat dobäi och alt emol Pech, so wéi et de 15. Juni 1949 am Lëtzebuerger Wort stoug.

Merkholtz. – Gestern am späten Nachmittag ereignete sich unterhalb unserer Ortschaft ein leichter Verkehrsunfall. Herr Zeimes, Bäckermeister aus Wilwerwiltz, in Begleitung seines Sohnes, war auf seiner Geschäftstournee und wollte beim „Halte“ in die Kautenbacherstraße einbiegen, als er aus unbekannter Ursache gegen einen Baum fuhr.

Glücklicherweise geschah Herrn Zeimes und seinem Sohn kein Leid. Der noch nagelneue Chevrolet-Wagen jedoch ist arg verbeult worden.

De Nic ZEIMES hott de Leckt d'Brout nach bis an d'Kiche brocht an hott sech ëmmer ogemellt mat engem haarden "Hei ass hei" oder "Hei ass de Boulanger" mat enger staarker Betounung op der leschter Silb. Wann een hockt e Pond Brout an der Hand hält an da bedenkt, dass et zu där Zäit fënnepënneg an dräipënneg Brout goufen. Wou ass déi Zäit nëmmen higaangen?

„Theis“ Guy ka sech na dron erënneren, dass hien och alt mol gerouf hott: „De Bäckerelli ass do“.



Mat senger Chevrolet koum de Bäcker och bei all Wieder op den Tour, esou wéi hei bei héijem Schnéi.

1957 mécht de Pierre ZEIMES seng Meeschterprüfung an zwee Joer méi spët, 1959, den Armand ZEIMES.

Déi zwee Bridder baken dann zesomen d'Brout fir de Kiischpelt an eng Rei Dierfer ronderëm. Dat missten da Wëlwerwolz selwer, Lellgen, Pënsch, Äischer, Draufelt a Siwwenaler gewiescht sënn, mat ronderëm, Mäerkelez, Alschent, Kautebaach, de Café Halte an Eeschwëller.



Natierlech ass de Bäcker ZEIMES op sengem Tour och op der Fréiresmille passéiert. E sou engt fënnepënneg Brout ass hei um Bild ze gesinn. D'Brout ass bal esou grouss ewéi d'Rose BOSHOUWERS wat 1968 mat senger Schwëster, engem Koseng an den Elteren do an der Vakanz war.

1978 krut de Roland ZEIMES säin Diplom als Bäckermeeschter iwwerrecht, hien deen haut nach zu Wëlwerwolz baakt. Tëschenduerch hat hie mat senger Schwëster Alice eng Filial zu Uewerwoltz bei der Kierch. De Buttik zu Wëlwerwolz gouf laang Zäit von der Mamm, der Suzanne BOENTGES geleet, an dat bis an den héijen Alter.

Zu menger Kannerzäit ass de Pierre ZEIMES mam Brout komm, eng blogro Schipp an e schwaarze Beret waren seng typesch Kleedung.

Hie koum Dasdes a Samsdes, all Kéier am Nomëtteg a wann den Tour duerch d'Duerf fäerdeg wor, gouf et an der Hotel beim Ketty oder beim Jim och nach eng Këppelchen.

An ech ka mech och nach dron erënneren, dass hien am Hierscht bei de Bauere Balle Weess geloden hott, fir dorausser Brout ze baken. Déi goufen dann an der Rackésmille gemolen an dono zu Brout verkaakt.

Quellen:

eluxemburgensia a meng eegen Erënnerung.
Nico Hamen

Fotoen:

Alice ZEIMES, Rose PACKBIER-BOSHOUWERS




EIN GALLO – RÖMISCHES BRANDGRAB IN ALSCHIED

Alscheid, ein Dorf der Gemeinde Kiischpelt, liegt am Ostrand einer Bergkoppe, 460 Meter über dem Meeresspiegel und fällt nach Osten ab ins Tal der Clerf. Die weit verbreitete Meinung, dass das Ösling zur Römerzeit äußerst dünn besiedelt war, konnte bei vielen Gelegenheiten widerlegt werden.

Systematische Ausgrabungen werden sehr wenige gemacht, aber viele Fundmeldungen, wie die Funde in Holzthum, ließen aufhorchen. Etwa 1600 Meter westlich von Alscheid verläuft in Nord-Südlicher Richtung der römertime „Kiem“ von Merkholtz nach Weicherdingen.

Im Frühjahr 1976 stieß Herr Jean-Pierre Weis bei Gartenarbeiten neben seinem Haus in Alscheid, im Bëchel auf gut erhaltene Tongefäße und ziemlich korrodierte Eisengegenstände. Er barg sie so vorsichtig wie möglich und zeichnete ihre Fundlage in seinem Garten, der sich auf einem leichten Südhang erstreckt, auf. Das Grab lag 24 Meter östlich vom Hause Weis und 7 Meter südlich der Straße Alscheid – Schüttburg. Die Grabgrube, 1,8 Meter x 0,8 Meter war in den verwitterten Schiefer eingetieft und schien ursprünglich mit Schieferplatten umstellt gewesen zu sein. Von einer möglichen

Abdeckung war keine Spur mehr vorhanden. Die in unmittelbarer Nähe verstreuten Funde, Gefäßscherben, eine Münze und ein Messer, stammen wahrscheinlich aus diesem Grab. Herr Weis stellte weitere Nachforschungen in seinem Garten an, doch er konnte keine Spuren weiterer Grabgruben entdecken.



Bei erster Gelegenheit meldete er seine Entdeckung im Staatsmuseum und stellte diesem das Fundmaterial zur Verfügung. Fragen über die genaue Grabzusammensetzung



bleiben unbeantwortet, doch das Grabmobiliar war so interessant, dass es in der „Hémecht“, eine Zeitschrift für Luxemburger Geschichte im Oktober 1977 veröffentlicht wurde.

Die zwölf in Alscheid gefundenen Keramikgefäße bestehen fast ausschließlich aus sogenannter Terra Belgica mit verschiedenen Musterungen:

- Kochtopf mit Besenstrichmusterung, Höhe 12 cm
- Große Terra Belgica-Flasche, hellgrau mit Spuren von schwarz, Höhe 27,5 cm
- Topf mit Standring, Höhe 13,5 cm
- Topf mit Schrägrand und Standring, Höhe 14 cm
- Teller, Höhe 4 cm, Durchmesser 20 cm
- Teller Höhe 4 cm, Durchmesser 24 cm
- Topf mit Schrägrand, Linienmusterung auf der Wandung, Höhe 19 cm
- Topf mit Rädchenmusterung, Höhe 14 cm
- Teller Höhe 5,5 cm
- Ein rötlicher Einhenkelkrug, Höhe 23,5 cm
- Teller, Höhe 5 cm, Durchmesser 24 cm
- Topf mit drei- und vierreihigen Rädchenmusterung Höhe 14,5 cm

Die acht Eisenwerkzeuge:

- 4 Fragmente von Spitzmeißeln
- Meißel, Länge 21 cm
- Meißel, 16 cm
- Fragment einer Säge, Länge 16,5 cm
- Messer mit Hohlgriff Länge 19,5 cm

In der Nähe des Grabes wurde eine stark korrodierte Bronze-Münze gefunden. Es handelt sich um ein As des Kaisers Claudius des I. As als kleinste Münzeinheit in das Münzsystem der römischen Kaiserzeit eingeordnet: Er wurde mit 1/16 Denar bewertet, bei einem Gewicht von ca. 10,92 g, Durchmesser etwa 25-27 mm.

An zwei Stellen der Grabsohle verstreut lagen zersetzte Knochenreste mit Holzasche verstreut; dabei war ein Eisennagel, wohl vom Sarg.

Das einheitliche Grabmobiliar datiert aus der Mitte des ersten nachchristlichen Jahrhunderts. Dafür spricht die dem Kaiser Claudius zugeschriebene Münze, welche in unmittelbarer Nähe des Grabes gefunden wurde. Die Tatsache, dass ein relativ reiches Grabmobiliar vorliegt legt die Vermutung nahe, dass es sich um einen Grabhügel handelt, der in der Neuzeit von Ackerbauern einplaniert wurde, ohne dass das Grab entdeckt wurde.

Des Weiteren stellt sich in Alscheid die Frage nach dem dazu gehörenden Gutshof, allerdings konnten bis heute keine eindeutigen Spuren davon festgestellt werden.

Der Bericht zu diesem Fund stammt von Professor Gérard Thill, dem früheren Direktor des Nationalmuseums die Fotos machte Herr Albert Biwer, der damalige Fotograf des Museums.



FANFARE KIISCHPELT

Aktivitéiten am Joer 2024 - Activités 2024

Och 2024 war eis Musik op lokalem- a regionalem Plang aktiv.

De 4. Februar hate mer eisen traditionellen Traipendag zu Wëlwerwolz am Centre Communal.

Mir hu gehollef a matgewierkt den 23. Mäerz beim Optaktconcert vum Kleng Maarnicher Festival zu Wëlwerwolz an der Kierch, an de 6. Abrëll beim Ofschlossconcert vum Ousterstage vun der UGDA Musiksschoul zu Wëlwerwolz am Centre Communal.

Bei der Feier vun der 1. Helleger Kommunioun den 21. Abrëll hu mir d'Kanner mat hirer Famill zu Wëlwerwolz an der Kierch musikalesch empfaang.

Den 28. Abrëll du war eise Fréijoersconcert zu Wëlwerwolz am Centre, deen och dëst Joer rëm e grouse Publikumserfolleg hat. Hei goufen och verschidde Musikante fir hier laangjäreg Memberschaft geéiert, an zwar fir 10 Joer de Pierre Rossler, fir 20 Joer d'Julie Kinnen an de Pit Siebenaler a fir 30 Joer den Yves Kaiser.

En 2024 la fanfare a été comme dans le passé active au niveau local et régional.

Le 4. 2. nous avons invité à notre traditionnel „Traipendag“ au centre Communal à Wilwerwiltz.

Le 23. 3. nous avons collaboré pour le concert d'ouverture du Kleng Maarnicher Festival à l'église de Wilwerwiltz, et le 6. 4. pour le concert de clôture du stage de l'école de musique de l'UGDA.

Le 21. 4. nous avons encadré musicalement la fête de la 1re communion à l'église de Wilwerwiltz.

Notre concert de printemps le 28. 4. au Centre Communal à Wilwerwiltz a connu un grand succès.

Lors de ce concert divers membres de notre fanfare ont eu leur médaille de mérite, à savoir pour 10 années Pierre Rossler, 20 années Julie Kinnen et Pit Siebenaler et pour 30 années Yves Kaiser.

Di traditionell Hämmsmarsch hu mir den 18. Mee zu Alschent, de 7 an 8 Juni zu Lellgen, Pënsch, Äischer an Wëlwerwolz, de 24. August zu Mäerkels an den 28. September zu Kautebaach gespilt.

Am Summer hate mer 2 Concert'en an zwar de 26. Juli um Camping zu Kautebaach an den 29. Juli am Heischergronn.

Den 22. Dezember hate mer du virun enger gerammelt voller Kierch zu Wëlwerwolz eise Wanterconcert.

Do dernieft hu mer den 22. Juni beim Te Deum a bei de Feierlechkeete vum Nationalfeierdag an och de 6. Oktober bei der Journée Commémorative zu Pënsch um Kierfecht fir de musikaleschen Deel gesuert.

Wéi den 21. September d'Beem fir déi nei Gemengerotsmamberen opgeriicht goufen hu mir eis et natierlech net huele gelooss an hunn dat Ganzt musikalesch begleet.

Wéi all Joers hu mir eis och rëm um Konstfestival zu Lellgen den 23. Juni bedeelegt, wou mir fir en Deel vum Catering zoustänneg waren. Mir hu natierlech och iwwert dat ganz Joer vill

Nos traditionnels „Hämmsmarsch“ ont eu lieu le 18. 5. à Alscheid, le 7. 6. à Lellingen et Pintsch, le 8. 6. à Enscherange et Wilwerwiltz, le 24. 8. à Merkholtz et le 28. 9. à Kautenbach.

En été nous avons joué 2 concerts, un au Camping à Kautenbach en date du 26. 7. et un à Heiderscheid-Grund en date du 29.7.

Notre concert d'hiver a eu lieu le 22. 12. à l'église, bien remplie, de Wilwerwiltz.

A côté de ces activités nous avons encadré musicalement les festivités pour la fête nationale le 22. 6. et le 6. 10. à Pintsch pour la journée commémorative.

En date du 21. 9. les nouveaux élus du conseil communal ont planté leurs arbres et nous y avons participé musicalement.

Lors de l'Open Air Konstfestival le 23. 6. nous avons garanti avec nos membres une partie du catering à Lellingen.

Des répétitions régulières durant toute l'année ont eu lieu et 2 journées de répétitions spéciales étaient programmées en guise de préparation pour les 2 grands concerts.



geprouft an haten och 2 Poufdeg virun eise grouse Concerten ageluecht.

Eis Prouwe sinn ëmmer Donneschdes owes ëm 19.30 Auer am Centre Communal zu Wëlwerwolz.

Dir gesitt dass mer vill ënnerwee waren, a wann dat eech lo Loscht mécht fir an enger flotter Ambiance do derbäi ze sinn, dann zeckt net a mellet eech bei eis. Mir si frou fir all neie Member

Dir konnt eis kontaktéieren oder ganz einfach 1 mol Donneschdes owes an d'Prouf kommen.

Nos répétitions ont lieu chaque jeudi à 19.30 hrs au centre communal à Wilwerwiltz.

Comme vous pouvez le constater nous ne chômons pas et si vous êtes intéressés à participer dans une ambiance conviviale, n'hésitez pas et manifestez vous, chaque nouveau membre est le bienvenu.

Vous pouvez nous contacter ou tout simplement vous présenter à la répétition le jeudi soir.

Kontakt:
André SASSEL
Präsident
Tél.: 621 15 86 60
Email: asassel1@pt.lu

Pierre ROSSLER
Sekretär
Tel.: 691 14 18 44
Email: pierre.rossler@cfl.lu

FC KIISCHPELT

Neien Trainer beim FC Kiischpelt

Fir Saison 2025/2026 hutt den FC Kiischpelt en neie Spillertrainer. An net iergendeen!

Mam 1.80m grouse Lénksfouss: Edis Osmanovic, kënt ee vun deene beschte, fréieren BGL-Spiller an Top-Scorer an de Kiischpelt.

An iwwer 200 BGL-Matcher schéisst de Spiller mat der Nr.10, alles an allem 85 Goler an a 56 Eirepromotiounsmatcher der 28.

Einfach war et net fir den Edis op Wëlwerwolz ze kréie. Wochelaang Gespréicher hutt et gebraucht bis mir schlussendlech Zouso vum Edis kritt hunn. Déi Verantwortlech vum aktuellen Tabellen 1ten aus der Éierpromotioun US Feelen, wou den Edis déi letzt 3 Joer gespilt hutt, wollten hien natierlech gären halen.

Aner Veräiner aus der 1ter oder 2ter Divisioun waren och um fréieren BGL Spiller interesséiert. Schlussendlech war et déi kollegial Atmosphär beim FC Kiischpelt an d'Visioun vum Opstig an 2te Divisioun déi ausschlaggebend vir d'Entscheidung zu eise Gonschten waren.

Gebuer ass den Edis den 30 Juni 1988 zu Zavidovice a Bosnien-Herzegowina. Ugefaange mat Fussballspillen hutt eisen neie Coach beim NK Krivaja Zavidovice wou hie mat knapp 16 Joer schon am Kader vun der 1ter Equipe stoung.

Mat 18 Joer wiesselt hie bei den FK Zeljenicar Sarajevo aus der „Premijer-Liga“ aus Bosnien-Herzegowina an eng Saison méi spët den NK Celik Zenica, zu deem Zäitpunkt och e Veräin aus der „Premijer-Liga“



2010, no engem Trainingslager a Lëtzebuerg koom duunn de Wiessel an d'National Divisioun bei den FC Wootz 71, wou den Edis an der Saison 2012/2013 och „meilleur buteur“ an der BGL-League guff.

2016 ass hien du bei de "Racing Union Lëtzebuerg" gewiesselt mat deem hien direkt a senger 2ter Saison d'Coupe du Luxembourg gewonnen hutt an 18/19 souguer UEFA-Euro-League-Qualifikatioun konnt spillen

Nodeems et 2019/20 zeréck bei den FC Wootz 71 gong, war et 2022 duunn de Wiessel vum offensive Mëttelfeldspiller bei d'US Feelen. Eng Saison méi spéit hat den Edis ganz groussen Undeel dorun, dass Feelen déi 1te Kéier an hirer Geschicht an 1te Divisioun konnt opsteigen. Och hei gétt de Lenksfouss mat 28 Goler „meilleur buteur“.

An engem Interview 2022 mam Luxemburger Wort seet den Edis Osmanovic, dass hien sech ka virstellen, iergendwann Trainer ze ginn. 2025 ass et da lo sou wäit:

Wëllkomm Coach beim FC Kiischpelt Wëlwerwolz.



D.T. KIISCHPELT WËLWERWOLZ

DEN ECK VUM DËSCHTENNIS-SPILLER LE COIN DU PONGISTE

Sportleche Réckbléck op déi zweet Hallschent vun der Saison 2024/2025, wat déi zwou Cadets- Ekippen vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz ugeet

Zweet Ronn vum F.L.T.T.-Cadets-Championnat 2024/2025 (an der Period vum 30. November 2024 bis den 25. Januar 2025)

Wéi erwaart, gouf no dem gegléckten Opstig d'Loft an der Divisioun 3 – Bezierk 1 fir déi éischt Wëlwerwëlzer D.T.-Cadets-Ekipp engt gutt Stéck méi dënn, mee si huet sech ganz daper geschloen, konnt awer leschten Enns, mat zwee Gläichspiller an dräi Nidderlagen (dovunner ee knappen 4-6 géint den Zweeten am Schluss-Klassement), déi lescht Plaz (7 Punkten, ee manner wéi deen Zweetleschten an zwee manner wéi deen Drëttleschten) net verhënnere : den Ofstig also erëm no ënnen an d'Divisioun 4 !

Bei der zweeter Kiischpelter D.T.-Cadets-Ekipp ass et an der zweeter Ronn vum F.L.T.T.-Cadets-Championnat 2024/2025, wat d'Resultater betrëfft, daitlech méi schlecht gelaf : véier Nidderlagen (dovunner awer ee knappen 4-6 géint deen Zweetleschten) an domat déi lescht Plaz (4 Punkten, ee manner wéi deen Zweetleschten) an der Divisioun 4 – Bezierk 1.

Drëtt Ronn vum F.L.T.T.-Cadets-Championnat 2024/2025 (an der Period vum 8. Februar 2025 bis den 29. Mäerz 2025)

No dem Motto "Zesumme riicht béie wat virdrun zesumme schif gaangen ass !" sinn d'Spiller vun der éischter Cadets-Ekipp vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz verfuer, wéi se, erëm zréck an der Divisioun 4 – Bezierk 1, sech net laang biede gelooss hunn an, mat fënnef Victoiren bei genausou ville Matcher, do déi éischt Plaz

Rétrospective sportive sur la deuxième moitié de la saison 2024/2025, en ce qui concerne les deux équipes Cadets du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz

Deuxième tour du Championnat Cadets 2024/2025 de la F.L.T.T. (pendant la période du 30 novembre 2024 au 25 janvier 2025)

Selon les attentes, l'air est devenu considérablement plus rare pour la première équipe Cadets du D.T. Wëlwerwolz après son ascension en division 3 – district 1, et au bout du compte, tout en s'étant battue en brave, elle n'a pu éviter, avec deux matches nuls et trois défaites (dont un 4-6 serré contre le deuxième du classement final), le dernier rang (7 points, un de moins que l'avant-dernier et deux de moins que le deuxième avant-dernier) : ce fut donc la descente de nouveau en division 4 !

Quant à la deuxième équipe Cadets du D.T. Kiischpelt, elle a connu, en termes de résultats, un déroulement nettement plus compliqué du second tour du Championnat Cadets 2024/2025 de la F.L.T.T. : quatre défaites au compteur (dont, quand même, un 4-6 très disputé contre l'avant-dernier) et partant la dernière place (4 points, un de moins que l'avant-dernier) en division 4 – district 1.

Troisième tour du Championnat Cadets 2024/2025 de la F.L.T.T. (pendant la période du 8 février 2025 au 29 mars 2025)

C'est conformément à la devise « Ensemble, nous redressons ce que nous avons raté ensemble », que les pongistes de la première équipe Cadets du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz ont procédé, lorsque de retour en division 4 – district 1, ils ne se sont pas fait prier et n'ont point tardé, par le biais de cinq victoires en



am Schluss-Klassement vun der drëtter a leschter Ronn vum F.L.T.T.-Cadets-Championnat 2024/2025 beluecht hunn: ee Maximum vu 15 Punkten an véier Leit an den "Top 10" vun der Spiller-Eenzel-Statistik aus där Divisioun 4 – Bezierk 1, nämlech de Marcel BORMANN an den Pit KOEUNE mat jeeweils enger Erfolleg-Bilanz vun + 7 bei 9 Eenzel-Matcher (= 89 %), de Luca WEBER mat enger Erfolleg-Bilanz vun + 4 bei 12 Eenzel-Matcher (= 67 %) an d'Laila BORMANN SOARES mat enger Erfolleg-Bilanz vun + 4 bei 6 Eenzel-Matcher (= 83 %). Et wier ze hoffen datt dëser exzellenter Leeschtung bei der Zesumstellung vun den Cadets-Meeschterschaft-Divisiounen fir déi nächst Saison (2025/2026) Rechnung gedroe gëtt an datt déi éischt Kiischpelter D.T.-Cadets-Formatioun op en Neits hiert Gléck an der Divisioun 3 versiche kann !

No enger Erweiderung duerch d'F.L.T.T. vun der Divisiouns-Zuel, koum déi zweet Cadets-Ekipp vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz an der drëtter Ronn vum F.L.T.T.-Cadets-Championnat 2024/2025, mat zwou Victoiren an dräi Nidderlagen, op déi véiert Plaz (8 Punkten) vum Schluss-Klassement vun der Divisioun 5 – Bezierk 1, wat, wéinst der geleeëntlecher Personal-Knappheet, nach engt ganzt ordentlecht Ofschneiden duergestallt huet.

un nombre égal de matches, à accéder à la première place au classement final du troisième tour du Championnat Cadets 2024/2025 de la F.L.T.T., ce dont témoignent un maximum de 15 points et quatre joueurs dans le « top 10 » de la statistique des rencontres disputées en simples, à savoir Marcel BORMANN et Pit KOEUNE avec chaque fois un bilan positif de + 7 en 9 matches simples (= 89 %), Luca WEBER avec un bilan excédentaire de + 4 en 12 matches simples (= 67 %) et Laila BORMANN SOARES avec un solde positif de + 4 en 6 matches simples (= 83 %). Espérons que cette excellente performance sera prise en compte lors de la composition des divisions du Championnat Cadets par équipes pour la prochaine saison (2025/2026) et que la première formation Cadets du D.T. Kiischpelt aura l'occasion de tenter à nouveau sa chance en division 3 !

Au classement final de la division 5 – district 1, la deuxième équipe Cadets du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz s'est adjugé, avec deux victoires et trois défaites, la quatrième place (8 points) à l'issue du troisième tour du Championnat Cadets 2024/2025 de la F.L.T.T., ce qui, au vu de la pénurie de personnel occasionnelle, a constitué en l'occurrence un résultat tout à fait honorable.



Spiller-Bedelegung beim Veräinsturnéier „Immo Leo“ zu Wëntger, beim „veräinsoppenen F.L.T.T.-Léiergang“ zu Housen a beim F.L.T.T.-Regional-Training zu Wolz

Op Ouschterméideg, den 21. Abrëll 2025, woren de Marcel BORMANN (super drëtt Plaz an der Kategorie D2/D3 !), de Luca WEBER an de Mike WEBER beim Veräinsturnéier vum D.T. Wëntger aktiv. Schonns virdrun haten sech déiselwecht Jugendspiller, zesumme mam Ben KAISER, fir de „veräinsoppenen F.L.T.T.-Léiergang“ an der Sportshall vum Parc Housen, déi zwee Deeg vum 7. an 8. Abrëll 2025, ageschriwwen (wou de Sam WEHRHAUSEN am Trainer-Stuff mat dobäi wor). Dernieft haten de Luca WEBER an de Mike WEBER reegelméisseg um F.L.T.T.-Regional-Training zu Wolz deelgeholl.

Sportleche Réckbléck op déi zweet Hallschent vun der Saison 2024/2025, wat d'Seniors-Ekipp vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz betrëfft

Zweet Ronn vum F.L.T.T.-Seniors-Championnat 2024/2025 (an der Period vum 11. Januar 2025 bis den 29. Mäerz 2025)

D'Freed an d'Begeeschterung, mee och d'Erliichterung, woren wierklech grouss, wéi d'Seniors-Ekipp vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz (Roland ALLARD, Patrick BORMANN, Ben LAMBORELLE, Frank LAMBORELLE a Sam WEHRHAUSEN) et gepackt haten, fir um Enn vun der éischter Ronn vum F.L.T.T.-Seniors-

Participation de joueurs au tournoi de club « Immo Leo » à Wincrange, au « stage ouvert aux clubs » de la F.L.T.T. à Hosingen et à l'entraînement régional de la F.L.T.T. à Wiltz

Le lundi de Pâques, 21 avril 2025, Marcel BORMANN (excellente troisième place dans la catégorie D2/D3 !), Luca WEBER et Mike WEBER ont participé au tournoi de club du D.T. Wëntger. Déjà auparavant, pendant les deux journées du 7 et du 8 avril 2025, les mêmes jeunes joueurs avaient été inscrits, ensemble avec Ben KAISER, au « stage ouvert aux clubs » de la F.L.T.T. qui avait été organisé dans les locaux du hall des sports au site Parc Hosingen (et lors duquel Sam WEHRHAUSEN faisait partie du staff d'entraîneurs). En sus, Luca WEBER et Mike WEBER étaient régulièrement présents à l'entraînement régional de la F.L.T.T. à Wiltz.

Rétrospective sportive sur la deuxième moitié de la saison 2024/2025, pour ce qui est de l'équipe Seniors du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz

Deuxième tour du Championnat Seniors 2024/2025 de la F.L.T.T. (pendant la période du 11 janvier 2025 au 29 mars 2025)

La joie et l'enthousiasme, mais aussi le soulagement, étaient vraiment grands, lorsque l'équipe Seniors du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz (Roland ALLARD, Patrick BORMANN, Ben LAMBORELLE, Frank LAMBORELLE et Sam WEHRHAUSEN) avait réussi à s'adjuger, à la fin du premier tour du Championnat Seniors

Championnat 2024/2025 den Opstig aus der Divisioun 3 – Bezierk 1 an d'Divisioun 2 perfekt ze maachen.

Am absolutte „Neiland“ vun der Divisioun 2 – Bezierk 1 hunn d'Drauwe fir déi Kiischpelter Seniors-Ekipp (zumindest dës Kéier) definitiv ze héich gehaangen, an esou gouf et, géint individuell bal ëmmer vill besser klasséiert Géigner, aacht Nidderlagen a just eng offiziell Victoire (8-2 géint Biissen 2).

Mat der leschter Plaz am Schluss-Klassement vun der Divisioun 2 – Bezierk 1 (11 Punkten, ee manner wéi den Noper Housen 2) ass den Ofstig erëm zréck an d'Divisioun 3 ouni grousst Geméckers aktéiert ginn.

Bedelegung vun engem Spiller vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz bei den „Foyer National Championships“ 2025

Samschdes, de 15. Februar 2025, huet am Nationalen Sport- a Kulturzentrum „Coque“ (um Kierchbiereg) de Sam WEHRHAUSEN (B3-Spiller zënter Oktober 2024) éischtmoleg un der individueller F.L.T.T.-Landesmeeschterschaft 2025 vum Hären-Eenzel a senger „neier“ B-Kategorie deelgeholl, mee hien huet do, direkt an der Ausscheidungs-Gruppphas, d'Iwwerleeënheet vun zwee Géigner (ee vum D.T. Recken an ee vum D.T. Zéisseng) missen unerkennen, déi haut als B1-Spiller agestuuft sinn.

Zur Erënnerung : Fir all zousätzlech Infoen iwwert den D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz steet lech gäer den Patrick BORMANN (GSM 621 486 392) zur Verfügung !

Ee ganz décke MERCI un déi zwee Sponsore vun den neie Veräins-Tricoten a Veräins-Training-skostümer vum D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz : Auto-Ecole Bormann an Gardenconcept Kevin Syroit.

2024/2025 de la F.L.T.T., la montée de la division 3 – district 1 en la division 2.

Sur le « terrain inconnu » de la division 2 – district 1, les raisins étaient définitivement trop hauts (du moins cette fois-ci) pour l'équipe Seniors du Kiischpelt qui, face à des formations adverses qui pouvaient presque toujours compter sur des joueurs d'un classement individuel notablement plus élevé, a donc dû encaisser huit défaites contre seulement une victoire officielle (8-2 contre Biissen 2).

Avec une dernière place au tableau final de la division 2 – district 1 (11 points engrangés, un de moins que le voisin Housen 2), la descente et le retour en division 3 ont été actés sans la moindre rouspétance.

Participation d'un joueur du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz lors des « Foyer National Championships » 2025

Le samedi, 15 février 2025, au Centre National Sportif et Culturel « Coque » (Kirchberg), Sam WEHRHAUSEN (qui a accédé en octobre 2024 au rang de joueur B3) a participé, pour la première fois dans sa « nouvelle » catégorie B, au concours « Simples / Messieurs » du Championnat national individuel F.L.T.T. 2025, mais il a dû reconnaître, immédiatement en phase éliminatoire en groupe, la supériorité de ses deux opposants (l'un issu du D.T. Recken, l'autre défendant les couleurs du D.T. Zéisseng) qui, tout un chacun, sont actuellement classés en tant que joueurs B1.

Pour rappel: Patrick BORMANN (GSM 621 486 392) se tient à la disposition pour toute information supplémentaire au sujet du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz !

Un très grand MERCI aux deux sponsors des nouveaux maillots du club et survêtements du D.T. Kiischpelt Wëlwerwolz : Auto-Ecole Bormann an Gardenconcept Kevin Syroit.



OPEN AIR KONSTFESTIVAL

Editioun 2025

Den 23. Juni 2025 huet Lellgen sech op en neits op Nationalfeierdag an eng grouss Konschtgalerie verwandelt. Scho fir déi 33. Kéier huet den Open Air Konstfestival stattfonnt, a konnt erëm op ganzer Linn de Publikum begeeschteren. Traditionell konnt een de Kënschtler an de Stroosse vu Lellgen iwwert d'Schëller kucken déi hei un hire Wierker geschafft hunn, an an de Scheieren a Gebailechkeete konnt een déi verschidden Ausstellungen bewonneren. Do dernieft war iwwert de ganzen Dag Stroossenanimatioun gebueden, déi Grouss a Kleng begeeschtert huet, um Konschtmaart konnt déi eng oder aner gutt Affaire gemaach ginn an d' Veräiner hu fir dat leiflecht Wuel beschtens gesuergt.

De Konstfestival ass en Erleefnis fir déi ganz Famill. Déi ganz kleng konnten an der KidsAcademy, déi vum Parc Sënnesräich geleet goufen, hier eege Konschtwierker realisieren, an an der Art-Academy kruten déi Jugendlech Tipps an Tricks zum Thema Graffiti vum Daniel Mac Lloyd gewisen a konnten hiert Talent an den eegene Wierker ënner Beweis stellen.

Nei bei dëser Editioun war, datt de Publikum an e Konschtwierk mat agebonne gouf. Virun

Le 23 juin 2025, Lellingen s'est à nouveau transformé en une grande galerie d'art à l'occasion de la fête nationale. Pour la 33e fois, le Festival d'Art en Plein Air a eu lieu et a, une fois de plus, su enthousiasmer le public sur toute la ligne. Comme le veut la tradition, les visiteurs ont pu observer les artistes travailler sur leurs œuvres dans les rues du village, tandis que diverses expositions étaient à découvrir dans les annexes rurales et bâtiments alentours. Tout au long de la journée, des animations de rue ont ravi petits et grands, le marché de l'art a permis de faire de bonnes affaires, et les associations locales ont pris soin du bien-être des visiteurs.

Le festival est une expérience pour toute la famille. Les plus petits ont pu créer leurs propres œuvres d'art dans la KidsAcademy, encadrée par le Parc Sënnesräich, tandis que les adolescents ont reçu des conseils et astuces sur le graffiti par Daniel Mac Lloyd dans la Art-Academy, et ont pu démontrer leur talent à travers leurs créations personnelles.

Une nouveauté de cette édition a été l'implication directe du public dans la création d'une œuvre d'art collective. Devant l'église se trouvait un grand "K" en fer, sur lequel les contours de

der Kierch stoung e grouse "K" aus Eisen, wou d'Emrësser vu Motiver déi zum Thema Konscht a Kultur am Kiischpelt vum Kënschtler -Daniel Castillo Molina- op gezeechent goufen an de Publikum dës faarweg ausmole konnten. Esou ass iwwert de ganzen Dag e flott Konschtwierk entstanen.



Och nei bei dëser Editioun war datt de Live-Concours opgedeelt ginn ass. Bis elo konnt de Publikum am Tiercé aus alle Participanten ee Gewënner eraus sichen, egal op se Moies mat enger eideler Toile, oder engem bal fäerdege Konschtwierk ugefaangen hunn. Well dëst zu Ongerechtegkeete gefouert hutt gouf de Live-Concours an 2 Kategorien opgedeelt. D'Kënschtler konnte wielen tëscht der Kategorie "Eidel Toile" an "Preparéiert Toile". Och den Tiercé gouf ugepasst an de Publikum konnt an den zwou Kategorien hire jeeweilige Favorit wielen.

D'Gewënner an der Kategorie "Eidel Toile" waren dëst Joer:

1. Jules Spedener
2. Laura Parise
3. Rol Reding

An der Kategorie "Preparéiert Toile":

1. Sarah Dos Santos
2. Sarah Nekal
3. Stephanie Fischbach

De Prix de la commune, dee vum Gemengerot erausgesicht gouf, ass dëst Joer un d'Sylvie Rill gaangen.

Mir freeën eis elo schonn op déi 34. Editioun a ginn Eech all Rendez-vous den 23. Juni 2026 zu Lellgen um Open Air Kunstfestival.

motifs liés à l'art et à la culture dans le Kiischpelt, dessinés par l'artiste Daniel Castillo Molina, pouvaient être coloriés par le public. Ainsi, une magnifique œuvre collective a vu le jour tout au long de la journée.



Autre innovation de cette année : le concours en direct a été réorganisé. Jusqu'à présent, le public votait pour un seul gagnant parmi tous les participants, qu'ils aient commencé avec une toile blanche ou déjà préparée. Afin de garantir plus d'équité, le concours a été divisé en deux catégories : "Toile blanche" et "Toile préparée". Le vote du public a également été adapté pour permettre de choisir un favori dans chaque catégorie.

Les gagnants dans la catégorie "Toile blanche" cette année sont :

1. Jules Spedener
2. Laura Parise
3. Rol Reding

Dans la catégorie "Toile préparée" :

1. Sarah Dos Santos
2. Sarah Nekal
3. Stephanie Fischbach

Le Prix de la commune, attribué par le conseil communal, a été décerné cette année à Sylvie Rill.

Nous nous réjouissons déjà de vous retrouver pour la 34e édition, le 23 juin 2026 à Lellingen, pour une nouvelle journée haute en couleurs au Festival d'Art en Plein Air.

Rock-Blues-Funk Festival am Kiischpelt

De 6. Juli 2025 huet den 1. Rock-Blues-Funk Festival zu Kautebaach op der Duerf-Plaz statt fonnt.

Och wann d'Wieder engem Juli-Weekend net gerecht ginn ass hunn trotz dem Reen vill Léit de Wee op Kautebaach fonnt. 4 Live Bands stoungen op 2 Bühnen um Programm, a mat United Fusion, der Gaasserockbluesband; Bandit's Pine a Cosmic Jerk konnt ee bis an de freien Owend eran Handgemaache Musek vum feinste genéissen.

E grouse Merci dem Romain Allard vu Pënsch, fir d'Organisatioun vun dësem flotte Festival an de Buergfrënn Kautebaach, de Fraen a Mammen an dem SIK fir de kulinarische Support.

Mir freeën eis elo schonn op déi 2. Editioun déi nächst Joer den 12. Juli 2026 stattfënnt.



Le 6 juillet 2025 a eu lieu le tout premier Festival Rock-Blues-Funk à Kautenbach, sur la place du village.

Même si la météo n'a pas été clémente pour un week-end de juillet, de nombreuses personnes ont tout de même fait le déplacement jusqu'à Kautenbach malgré la pluie.

Quatre groupes live étaient au programme sur deux scènes : avec United Fusion, Gaasserockbluesband, Bandit's Pine et Cosmic Jerk, on a pu profiter jusqu'en début de soirée d'une musique artisanale de grande qualité.

Un grand merci à Romain Allard de Pintsch pour l'organisation de ce superbe festival, ainsi qu'aux Buergfrënn Kautenbach, aux Fraen a Mammen, et au SIK pour leur soutien culinaire. Nous nous réjouissons déjà de la deuxième édition qui aura lieu l'année prochaine, le 12 juillet 2026.

ROCK-BLUES-FUNK FEST

B.B.

Concert


4 LIVE Bands

<i>bmad</i>	13.00 Auer
<i>Jacks & Queens</i>	15.00 Auer
<i>The Jo Wiseman Fellowship</i>	17.00 Auer
<i>Empty Arms Bluesband</i>	19.00 Auer

12 Juli 2026
Kautebach
ab 13Auer am Park

B.B. Concerts - Kiischpelt

ROCK-BLUES-FUNK FEST



Le KJT et ses services

Kanner-Jugendtelefon

Conseils anonymes et informations pour les enfants et les adolescents

Numéro gratuit: 1 1 6 1 1 1



Online Help

Conseil en ligne via www.kjt.lu

Depuis 2015, ce service est proposé en anglais aux enfants, adolescents et parents



Elterentelefon

Conseils et informations pour parents, grands-parents et professionnels

Accessible en anglais, le lundi de 18h à 20h

Numéro gratuit: 8002 4444



Chatberodung

Chat en direct pour enfants et adolescents par des adolescents via www.kjt.lu



BEE SECURE Helpline

Conseils et orientations pour une utilisation sûre des médias digitaux par téléphone au 8002 1234 ou [online](http://www.kjt.lu)



Un service de Caritas Jeunes et Familles

en association avec Kannerschlass, Croix-Rouge et la Ligue Médico-Sociale sous la convention du ministère de l'éducation, de l'enfance



Gemeinsam das MTB- und Gravel-Angebot im Éislek weiterentwickeln

Développer ensemble l'offre VTT et gravel dans l'Éislek

Im Éislek läuft gerade ein LEADER-Projekt, das die Zukunft des Mountainbike- und Gravelbike-Tourismus neugestaltet. Ziel ist es, ein dauerhaft attraktives Angebot zu schaffen, das die Region für Aktivurlaub und Naturerlebnisse noch interessanter macht.

Dafür braucht es auch die Perspektive derjenigen, die schon heute gerne draußen unterwegs sind. Wer seine schönsten Touren teilt, hilft dabei, ein abwechslungsreiches Netz an Strecken aufzubauen – ein Gewinn für Gäste wie für die lokalen Radfans.

Wer Ideen oder Tourenvorschläge hat, ist herzlich eingeladen, Eric Hahn, den Projektverantwortlichen, zu kontaktieren. Gemeinsam gestalten wir die Zukunft des Radfahrens im Éislek!



Weitere Informationen und Kontakt:
Eric Hahn – Visit Éislek
E-Mail: eric.hahn@visit-eislek.lu
Telefon: 621.82.52.30

Un projet LEADER est actuellement en cours dans l'Éislek afin de redessiner l'avenir du tourisme VTT et gravel. L'objectif est de créer une offre attractive à long terme qui rendra la région encore plus intéressante pour les vacances actives et les expériences nature.

Pour cela, il est indispensable de connaître le point de vue de ceux qui aiment déjà pratiquer des activités de plein air. En partageant vos plus beaux itinéraires, vous contribuez à la création de parcours variés, ce qui constitue un atout tant pour les visiteurs que pour les cyclistes locaux.

Si vous avez des idées ou des suggestions d'itinéraires, n'hésitez pas à contacter Eric Hahn, le responsable du projet. Ensemble, façonnons l'avenir du cyclisme dans l'Éislek !

Informations complémentaires et contact :
Eric Hahn – Visit Éislek
Mail : eric.hahn@visit-eislek.lu
Téléphone : 621.82.52.30



Sidd dir ee Betrib mat Setz an der Gemeng Kiischpelt ?

Fir d'Betriber aus eiser Gemeng méi
visibel ze maachen, wollte mir dës op
eiser Websäit presentéieren.

Sidd dir interesséiert?

Dann schéckt eis äre Logo vun ärer
Firma an eng Beschreiwung vun ären
Aktivitéiten op:

buet@kiischpelt.lu





SAMMELSTELL FIR GRÉNGSCHNËTT

Wéi trennt ee richtig?

Op de lokale Sammelstelle gëtt de Gréngschnëtt an dräi Kategorie getrennt.
Hei drënner fannt Dir eng Lëscht vun den akzeptéierten Offäll fir all Kategorie:

1. Strauchschnëtt

- ✓ Kleng a grouss Äscht
- ✓ Äscht mat Blieder drun
- ✓ Heckeschnëtt
- ✗ Gras
- ✗ Buedem a Steng
- ✗ Lasse Blieder
- ✗ Onkraut
- ✗ Laang Grieser

2. Gaardenoffäll

- ✓ Gras mat Blieder
- ✓ Gras mat Onkraut
- ✓ Laang Grieser
- ✓ Gehäckselt Holz
- ✓ Dauerhaft-gréng Hecken
- ✓ Moos
- ✓ Blummen
- ✓ Blieder
- ✓ Mulch (vu privat Leit)
- ✓ Aner Planzenoffäll
- ✗ Buedem a Steng

3. Grasschnëtt

- ✓ Geméinte Gras
- ✗ Gras mat Buedem
- ✗ Gras mat Blieder
- ✗ Gras mat Onkraut
- ✗ Laang Grieser

Net acceptéiert op der Sammelstell :



- Buedem / *muss als Bauschutt entsuergt ginn*
- Mulch vun öffentleche Spillplazen / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Seemiel / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Wuerzelen / *Kontaktéiert w.e.g. de SIDEC*



Wat geschitt mat ärem Gréngschnëtt?

Mam Grasschnëtt gëtt an enger Biogasanlag Energie produzéiert.
Aus de Gaardenoffäll gëtt Kompost gemat an aus dem Strauchschnëtt gëtt Kompost a gehäckselt Holz gemat.





BIEN TRIER : MODE D'EMPLOI

Découvrez nos consignes de tri pour chacune de vos poubelles



PAPIER & CARTON



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Journaux, magazines, livres
- Emballages en papier
- Cahiers et blocs-notes
- Papier d'écriture et d'impression
- Enveloppes en papier



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Papier très sale ou gras
- Emballages jetables avec revêtement plastique
- Emballages multicouches
- Cartons à boissons
- Papier peint
- Serviettes en papier et lingettes humides
- Polystyrène dans les boîtes en carton



VERRE CREUX



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Bouteilles en verre (vides et sans bouchon)
- Récipients en verre (vides et sans couvercle)
- Bocaux en verre



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Porcelaine
- Céramique
- Fenêtres
- Miroirs
- Ampoules
- Lampes



DÉCHETS ORGANIQUES



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Déchets de cuisine
- Restes de repas crus et cuits
- Déchets de jardin
- Sacs en papier et papier journal (uniquement comme sac poubelle pour les déchets organiques)



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Graisses et huiles
- Cendres et charbon
- Balayures et sacs d'aspirateur
- Emballages plastiques
- Mégots de cigarettes
- Litière pour chats
- Serviettes et mouchoirs en papier
- Couches bébé



DÉCHETS MÉNAGERS



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Tous les déchets qui ne peuvent pas être collectés séparément et qui ne sont pas recyclables



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Déchets recyclables (papier, carton, verre, biodéchets, bois, etc.)
- Déchets électriques et électroniques
- Déchets de construction
- Déchets dangereux (bouteilles de gaz, médicaments, peintures, piles, etc.)



Nos centres de ressources pour prolonger votre effort de tri :

43, Fridhaff,
L-9379 Diekirch
Tel.: 80 89 83 38

Mierscherberg,
L-7526 Mersch
Tel.: 32 01 92


Rue de Niederpallen,
L-8506 Redange
Tel.: 26 62 09 13

4, op der Bréimicht,
L-9779 Lentzweiler
Tel.: 26 91 40 09



Suivez-nous pour découvrir nos services et activités !





Gemeng Kiischpelt
7, op der Gare L-9776 Wëlwerwolz
www.kiischpelt.lu